



och do Partner, mat deene mer zesummeschaffen. Do inspiréiere mer eis u Beispiller.

Et wäert elo am Januar, mengen ech, zu Singapur een esou e Beispill opgoen, a mir wollten de Pendant hei zu Lëtzebuerg dovunner maachen. Dat ass also eng Nisch, mä keng Souveränitéitsnisch. Et ass also keng Nisch, wou mer muer Problemer kréien, well mer do géife steierlech Froen anescht behandelen, wéi dat misst de Fall sinn. Mä mir hunn eis inspiréiert, méi nei Servicer ronderëm dat Ganzt ze organisieren. Mir probéieren, dat esou ze maachen.

Ee lescht Wuert: D'Formatioun ass ofgeschloss. Selbstverständlech muss een elo kucken, Firmen, déi engagéieren. Also, bis elo hunn ech nach ni ee gesinn, deen eng Formatioun organiséiert huet an deen och nach garantéiert huet, dass d'Leit eng Plaz hätten. Also, ech mengen, eng Formatioun gëtt gemaach en vue vun Aarbechtsplazen, déi geschaf ginn. Mä eng Garantie - muss ech lech éierlech soen -, déi kann ech net ginn.

► **M. le Président.**- Ech soen dem Wirtschaftsminister Merci. Mir kommen elo zur leschter Fro fir haut, der Fro N°11 vum Här Claude Meisch un de Wirtschaftsminister iwwert d'Auswierkunge vun der Erhéijung vum Waasserpräis op d'Inflatioun. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

- Question N°11 du 27 octobre 2009 de M. Claude Meisch relative à la répercussion de l'augmentation du prix de l'eau sur l'inflation, adressée à M. le Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur

► **M. Claude Meisch (DP).**- Merci, Här President. Virun enger Rei vu Méint hu mer hei en neit Waassergesetz ofgestëmmt, wat dann och virgesäit, datt mer an Zukunft ab dem 1. Januar 2010 mat engem éischte Schratt dem reelle Waasserpräis solle méi no kommen. Dat féiert dozou, a momentan liest een et schonn, wann een d'Gemengerotsberichte queesch uechtert d'Land liest, datt eng Gemeng no där anerer amgaangen ass, hir Waassertaxen, hir Kanaltaxen no uewen ze adaptéieren.

Elo wësse mer, datt virun allem och de Wirtschaftsminister virun nach net allze laanger Zäit gewarnt huet a gesot huet: „Gemengen, erhéicht Är Taxen elo net, dat huet eng negativ Auswirkung op d'Inflatioun!“ An déi heiten Erhéijung vum Waasserpräis wäert natierlech och bei der Inflatioun zu Buch schloen.

Duerfir ass meng Fro déi folgend: Ob de Minister ausreche gelooss huet, wéi staark datt de Waasserpräis wäert herno sech an der Inflatioun nidderschloen a wat fir eng Inzidenz datt dat doten dann och spéiderhin oder am Laf vun dësem Joer op d'Erfale vun der nächster Indextranche huet, déi jo fir d'Joer 2010 virausgesot gëtt.

► **M. le Président.**- Den Här Wirtschaftsminister huet d'Wuert.

► **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Abrëll 2006 hu mer effektiv an der Tripartite festgehalten, dass mer e Programm géint eng exzessiv Inflatioun solle maachen. Dat ass geschitt. D'Regierung huet dee verabschitt an d'Regierung huet deen och ëmgesat.

Ee vun de Punkte war dee vun den administréierte Präisser. Mir hunn also den - waart, ech muss dat kucken - 18. Abrëll 2008, wéi mer gesinn hunn, dass deen allgemenge Message net ukomm war, een e bësse méi klore Message ginn un all méiglech Acteuren, déi eppes mat administréierte Präisser ze dinn hunn, inklusiv och d'Administratiounen oder déi Institutiounen, déi direkt eppes mam Stat ze dinn hunn. Deenen hu mer gesot, Gel des prix, et gëtt elo näischt méi, wat d'Regierung muss autoriséieren, an d'Luucht gesat.

Mir hu gesot, dass d'Gemengen dat selwecht solle maachen. Mä mir haten awer och gesot, selbstverständlech net be-trafft sinn domat d'Dispositiounen, déi elo contraire wieren zu iergendenger Disposition légale, dat heescht zu iergendengem Gesetz, wat besteet.

Hei hu mer jo fir 2010 de Fait, dass mer eng aner Präisberechnung musse maachen, wat d'Waasser ubelaangt. Wann d'Chamber dat esou décidéiert huet, da muss d'Chamber jo wëssen, dass domat de Präis an d'Luucht geet. Et ass jo evident, wa virdrun 90% vu beispillsweis allen Ofwaasserinfrastrukture vum Stat matgeholl gi sinn, wann déi elo an de Präis mussen afléissen, da wier et jo e Wonner, wann dat net eng Auswirkung op de Präis hätt. Dat wousst d'Chamber ganz kloer, wéi se dat gestëmmt huet. Also muss och d'Chamber zesumme mat der Regierung dat do assuméieren. Selbstverständlech geet de Präis, geet d'Inflatioun an d'Luucht duerch de Fait, dass de Waasserpräis an d'Luucht geet.

Mir hunn am Wuerekuerf am Fong geholl eng Opdeelung zwëschent Alimentation en eau an deem, wat een nennt Reprise des eaux usées, dat heescht d'Ofwaasser. All Joer gëtt jo eng nei Pondération gemaach doriwwer, wéi vill de Waasserpräis ausmécht.

De cumuléierte Waasserpräis vun deenen zwou Dispositiounen ass elo - ech muss kucken - vun 2005 vun 0,58% op 1% eropgaangen. Dat ass elo d'Dispositioun 2009. Dat heescht, d'Pondération huet sech bal verduebelt vum Waasserpräis am Index-Wuerekuerf. Dat huet mam Präis och notament ze dinn, huet vläicht och mam Verbrauch ze dinn, mä et ass op alle Fall kloer. Et ass jo eng Kombinatioun Verbrauch/Präis, an dat do gëtt jo mat de Sozialpartner ëmmer ofgeschwat. Dat heescht, all Joer gëtt jo déi Pondération eng Kéier iwwerkuckt, ob sech do Saache verännert hunn. Am Moment ass et also esou, dass d'Alimentation en eau ongeféier 0,62% ausmécht an d'Reprise des eaux usées 0,38%. Dat mécht déi 1%, déi am Moment am ganze Wuerekuerf u sech d'Waasser ausmécht.

D'Variatione ware virun allem an de Joren - ech muss kucken - fënnf, sechs, siwen an aacht ganz staark. Vu fënnf op sechs si se zesummen eng Kéier ëm zéng an eng Kéier ëm 13% an d'Luucht gaangen. Dat Joer duerno ëm 17 an ëm 41%. Dat war 2006/2007, do ass de Waasserpräis esou staark an d'Luucht gaangen. 2008 hate mer gefrot - héiflech gefrot -, d'Gemenge sollen net ze vill anticipéieren. An deemools ass en nëmme méi ëm 7 a 17% an d'Luucht gaangen, mä trotzdeem nach sensibel.

Am September, also elo dëst Joer bis de September, hu mer eng Hausse um IPCN vun 1,6%, déi duerch d'Waasser kënnt. Dat kritt natierlech seng Auswierkungen och op den Index. Wéi et an Zukunft geet, kann ech lech net soen, well ech net weess, wéi déi Präisgestaltung schlussendlech ausgesäit.

Mä Dir musst lech soen, eng Hausse vun 10% wäert mat sech bréngen, dass mer eng Répercussioun am IPCN, dee jo moosst eis Inflatioun, vun 0,62% wäerte kréien eleng an der Alimentation an 0,038% op d'Ofwaasser. Dat weist also, wann Der elo dat weiderspaant an Dir gitt op 20%, dann hutt Der dat Duebelt dovunner. Dat heescht, da sidd Der bei 0,1% ongeféier, déi dat ausmécht am IPCN. Also, et ass ganz kloer, dass d'Präisser an d'Luucht gaange sinn, dass se staark an d'Luucht gaange sinn, dass ee se elo e bëssen ofgeflaacht huet, well mer gefrot hatten, d'administréiert Präisser sollen e bëssen am A behale ginn.

Mä et ass sécher, wann d'Gesetz dat virgesäit an et gëtt ugepasst, et hänkt natierlech ëmmer e bëssen dovunner of, wéi d'Leit upassen oder d'Gemengen upassen, mä dat do kritt seng Auswierkungen op den IPCN, op den IPCH, wat jo den harmoniséierten Index-Wuerekuerf ass, an domat kritt et eng Auswirkung och op d'Indextranche.

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Wirtschaftsminister Merci. Mir sinn domadder um Enn vun eiser Froestonn.

(Interruption)

Jo, Här Hoffmann.

5. Ordre du jour

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Här President, ech géif eigentlech mengen, bei enger Heure de questions, wou Froe vun

alle Gruppen a Sensibilitäten op der Lëscht stinn, dass d'Reiefolg esou kéint opgestallt ginn, dass all Grupp respektiv all Sensibilité politique mat enger Fro drukéim.

Meng Fro, déi elo ewech géif falen, huet mat der Aktualitéit ze dinn, also mat der dramatescher Situatioun an dem Sozialkonflikt bei Villeroy&Boch. Ech géif mer also erlaben, einfach lech ze froen, mer awer d'Wuert ze ginn, fir déi Fro nach un den Aarbechtsminister kënnen ze stellen.

Am Fall, wou Der Nee sot, géif ech lech froen, ob Der der Meenung wäert, Dir kéint d'Recevaitabilitéit vun enger Question urgente mat deemselwechte Libellé nach fir dës Woch muer oder iwwermuer akzeptéieren?

Also, eng vun deenen zwou Méiglechkeeten.

► **M. le Président.**- Also, ech wëll lech just soen, Här Hoffmann, am Prinzip ass d'Froestonn eriwwe, a mir hunn dat bis elo ëmmer esou gehandhaabt mat de Froen. Et ass also elo näischt dëst Joer aneschters hei gemaach ginn.

Dir wësst, Dir hutt à tout moment d'Méiglechkeet, déi Fro bei enger nächster Froestonn erëm ze bréngen. Ech hunn awer kee Problem, wann d'Chamber hei d'accord ass, datt mer haut nach déi Fro do beäntweren. Ech hunn och kee Problem, datt Der déi, wann den zoustännege Minister d'accord ass, dann als Question urgente stellt.

Mä ech mengen, mir mussen eis u Regeln halen, Här Hoffmann. Duerfir, mir kënnen net all Kéier déi Froen nomaachen, déi net drukommen. Et sinn och nach eng Rei Froe vun anere Fraktiounen, déi elo net drukomm sinn. Wa mer andauernd eis hei Exceptioun ginn, duerfir hätt ech eigentlech am léifsten, mir géifen elo déi Froestonn definitiv ofschléissen. Dir gitt Är Fro als urgente Fro eran. Mir kucke mam Minister, ob déi Fro da kann als Question urgente esou schnell wéi méiglech beäntwert ginn.

Kënnt Der domadder liewen?

Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Ech mengen, mir sinn averstanen - den Här Hoffmann ass eleng hei, mä ech mengen, all aner Partei huet wierklech d'Méiglechkeet gehat, Froen ze stellen -, wa mer dem Här Hoffmann zwou Minutte ginn an dem Här Minister fënnf Minutte géife ginn oder véier Minutten, fir ze äntwerten.

Ech weess, mir hunn e Reglement, wat eppes aneschters virgesäit, mä den Här Minister ass och hei, an ech mengen, et hätt kee bestëmmt eppes dergéint, wann den Här Hoffmann awer seng eenzeg Fro, déi en als Sensibilité politique wëllt stellen, elo nach géif stellen.

Op jidde Fall also, mir géife proposéieren, dass den Här Hoffmann awer déi zwou Minutte kann huelen. Ech weess net, ob déi aner dat denken, well d'Urgence dat dauert nach. De Minister ass schonn hei, da kann en och direkt äntworten. Dann ass de ganzen Dossier zou.

► **M. le Président.**- Jo, nach eng Kéier, Här Bettel: Ech hu perséinlech kee Problem, mä et ass ëmmer erëm eng Fro. All Kéier bei Froestonne musse mer leider Gottes bei enger Fro ophalen, an do kommen der ëmmer erëm, déi da leider net drukommen. Mir kënnen elo haut eng Exceptioun maachen, da maache mer déi nächste Kéier och eng. Ech géif wierklech proposéieren, datt mer hei beim Prinzip bleiwen.

Ech mengen, mir si jo d'accord, datt den Här Hoffmann déi elo direkt als urgente stellt. Vu mir aus hunn ech och kee Problem, déi Fro als urgente unzegesinn. Da kritt den Här Hoffmann esou schnell wéi méiglech eng Äntwert vum Aarbechtsminister.

Kënne mer domadder liewen?

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Jo, Här President, just fir d'Zukunft dann, dass den Här Hoffmann an deem Roulement och drukënt.

► **M. le Président.**- Mir kucken, datt den Här Hoffmann déi nächste Kéier op jidde Fall dann esou op d'Lëscht kënnt, datt en och seng Fro ka stellen.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 6068 iwwert den Emploi des jeunes. Do ass d'Riedezäit nom Modell 2 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Gloden, den Här Bauler, d'Madame Loschetter, den Här Gibéryen, den Här Hoffmann an den Här Spautz. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Roger Negri. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

6. 6068 - Projet de loi

1. concernant certaines mesures temporaires visant à atténuer les effets de la crise économique sur l'emploi des jeunes

2. modifiant certaines dispositions du Code du Travail

Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi

► **M. Roger Negri (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Chômage an eiser Gesellschaft permanent ze bekämpfen, ass eng vun deene wichtigste Aufgaben, där mer eis all zesummen all Dag ëmmer erëm ze stellen hunn.

De Chômage dierf net zu enger chronischer Krankheet ginn, soss gëtt eis ganz Gesellschaft krank. Am Chômage ze sinn, ass ëmmer schlëmm, egal wéi al e Mënsch ass. Mä besonnesch schlëmm ass et fir jonk Leit, keng Aarbecht ze fannen, well doduerch kréie jonk Leit d'Gefill, dass si an eiser Gesellschaft net gebraucht ginn.

Wéi mer wëssen, si besonnesch déi jonk Leit ouni Formatioun am meeschte gefährdet, keng Aarbecht ze fannen, mä elo, mat der finanzieller an ekonomescher Kris, risquéieren och déi Jonk mat Diplom, souguer mat Universitätsdiplom, keng Aarbecht ze fannen.

Eise jonke Mënsche mat an ouni Diplom ze hëllefen, de Wee an d'Aarbechtswelt ze fannen an ze erlichteren, ass Sënn an Zweck vun deem Gesetz vun haut.

Här President, d'Wirtschafts- an d'Finanzkris, an där mer eis säit September 2008 befannen, riskéiert ëmmer méi, sech an eng Sozialkris ëmzewandelen. Dëst weist sech ganz kloer, wa mer eis Chômagezueilen iwwert dat lescht Joer ukucken: Am August 2008 war den Taux de chômage 4,2%, an op der ADEM waren 9.374 Leit ageschriwwen. Elo, ee Joer drop, beleeft de Chômage sech op 5,6%, an et sinn 12.910 Mënsche bei der ADEM ageschriwwen.

Den Taux de chômage vun de jonke Leit ënner 25 Joer louch am August 2009 bei héije 16,8%. Wat awer besonnesch beounouegend ass, ass, dass ëmmer méi jonk Leit mat engem Diplom an der Täsch keng Aarbecht nei fannen. Dëse Phänomeen ass nei zu Lëtzebuerg an hänkt ganz offensichtlich direkt mat der Kris zesummen.

Den Taux de chômage vun deene jonken Diploméierten ass vum August 2008 op August 2009 vun 11,9 op 15,3% ugeklommen. Et gëtt estiméiert, dass elo am Hierscht 2009 ëm déi 2.000 jonk diploméiert Leit fir d'éischt an hirem Liewen op d'Sich no enger Aarbecht ginn.

Duerfir muss d'Regierung agräifen, an eng gutt Zesummenaarbecht tëschent dem Éducatiouns-, Wirtschafts- an Aarbechtsministère souwéi e permanente Kontakt mat de Sozialpartner sinn d'Basis, fir dës Problemer konsequent a laangfristeg ze léisen.

Här President, d'Gesetz vum 22. Dezember 2006 hat ënner anerem zwou Moossnamen agefouert, fir deene jonke Leit ouni Formatioun ze hëllefen, Zougank op den Aarbechtsmaart ze fannen: éischtsens, den CAE - Contrat d'appui-emploi -, dee sech op den öffentleche Secteur konzentriert an als Zil huet, jonken Aarbechtslosen e Stage unzebidden, wou se eng Initiatioun an/oder Formatioun kréien, déi et hinnen erlaben, éischt professionell Erfahrungen ze sammelen a sech och theoretesch weiterzubilden.



Zweetens, den CIE - Contrat d'initiation à l'emploi -, dee sech un de Privatsektor wennst, dee vu Privatbetriber Jonker ka proposéiert ginn, an hinnen dobäi och eng konkret Perspektiv op en onbefristeten Aarbechtskontrakt à durée indéterminée, wéi mer dat am Jargon nennen, ubidden kann a wëllt.

Déi Jonk bis 30 Joer kréien duerch déi zwou Zorte vun Aarbechtskontrakter CAE an CIE d'Méiglechkeet, duerch praktesch Erfahrungen um Terrain a weider Fortbildung spéider méi liicht sech an den Aarbechtsmaart eran ze integréieren.

Här President, de Projet de loi 6068 vun haut gesäit zwee Hauptpunkte vir: Éischtens, eng Rei Adaptatiounen vun deenen aktuellen CAE an CIE mat der Haaptmoossnam, dës zwee Kontrakter net nëmmen onqualifizéierte Leit, mä och jonken diploméierte Leit bis 30 Joer unzebidden.

Zweetens dann eng ganz nei Moossnam: de Contrat d'initiation à l'emploi - expérience pratique (CIE-EP). Bon, dat kann een och nennen e Praktikum fir jonk diploméiert Leit bis 30 Joer, deen exklusiv fir si reservéiert ass.

Den CIE-EP soll deene Jonke mat engem CATP, Bac, Bac+, Technicien, BTS, Bachelor an hi bis zu engem Masterdiplom d'Méiglechkeet ginn, éischt professionell Erfahrungen ze sammelen, déi hirem Diplom déi néideg Plus-value ginn, fir dass si bei der Relance économique esou séier wéi méiglech eng fest Aarbechtsplaz fannen.

Ech wëll ënnersträichen, dass den CAE an CIE sech virun allem u jonk Leit ouni Ofschlossdiplom wënnen, mam Zil, hinnen eng komplementär Ausbildung op prakteschem an theoreteschem Niveau ze erméiglechen. Duerfir sinn d'Uwendung vum CIE an CAE op diploméiert Leit och elo just als Noutléisung an dëser Krisenzäit ze betruechten. A vu dass dës zwou Moossnamen CAE an CIE genau wéi den CIE-EP un eng Krisensituatioun ugepasst sinn, si si och an der Zäit limitéiert a gëlle just bis den 31. Dezember 2010.

Här President, op déi dräi verschidden Aarbechtskontrakter fir jonk Leit bis 30 Joer, wéi se am Projet de loi vun haut virgesi sinn, wëll ech elo e bësse méi am Detail agoen.

Éischtens, den CAE war bis elo u Leit ouni Ofschloss adresséiert a gëtt elo och opgemaach fir jonk Diploméiert. Seng Dauer gëtt vun néng op zwielef Méint eropgesat. No deenen zwielef Méint kann de Beschäftigungsminister decidéieren, de Kontrakt ze verlängeren. Déi maximal Dauer kann allerdings net iwwer 24 Méint erausgoen.

Wéi schonns virdru gesot, ass den CAE op eng weider Formatioun ausgeluecht. Duerfir gëtt elo och definitiv, also iwwert den 31. Dezember 2010 eraus, an de Code du Travail ageschriwwen, dass déi Jonk op d'mannst 16 Stonne Formatioun pro Mount suivéieren. D'Aarbechtsstonne waren a bleiwen aus deem Grond op 32 Stonne pro Woch limitéiert. D'ADEM ass bei dëser Moossnam mat abezunn a stellt deem Jonken en Tuteur zur Säit, deen deen néidegen Encadrement iwwerhëlt.

Wat d'Paien ugeet, esou kréien déi Jonk ouni Diplom eng Indemnitéit vun 80% vum Mindestloun; déi, déi e Certificat d'aptitude technique et professionnel, en Diplom de technicien oder en Diplom de fin d'études secondaires classiques oder respektiv secondaires techniques hunn, kréien 100% vum Mindestloun. An déi, déi e Bac+, BTS, e Bachelor oder e Master hunn, kréien 120% vum Mindestloun.

De Stat iwwerhëlt iwwert de Fonds pour l'Emploi all Mount déi ganz Indemnitéit, wann dee Jonken en CAE bei enger Staatsverwaltung selwer mécht. Bei aneren aarbechtsparastaatlechen Arbeitgeber wéi de Gemengen an esou weider iwwerhëlt de Fonds pour l'Emploi 85%.

De Gesetzestext gesäit och vir, dass, wann den Employeur e Jonken no sengem CAE astelle wëllt, muss hien him en onbefristete Kontrakt ouni Stagezäit offréieren. Dëst gëllt awer nëmmen, wann dee Jonken op d'mannst zwielef Méint beim Em-

ployeur geschafft huet. Den Employeur kritt doropshin eng Prime unique vum Fonds pour l'Emploi, déi sech op 30% vum Gesamttotal vun den Indemnitéiten, déi de Jonke bezunn huet, beleeft.

Well d'Astellung beim Stat, de Gemengen an esou weider awer spezielle Regeln, wéi zum Beispill Examen ënnerleien, ass et net ëmmer méiglech, deem Jonken no sengem CAE eng Plaz ze garantéieren. Duerfir ass et besonnesch wichteg, d'Formatioun vun eise Jonken an dësem öffentleche Secteur esou effikass a breet gefächert wéi méiglech ze gestalten. An deem Kontext kann ënner anerem och op de staatlechen INAP, den Institut national d'administration publique, zréckgegraff ginn.

Zweetens, déi zweet Zort vun Aarbechtskontrakter ass den CIE - Contrat d'initiation à l'emploi. Den CIE viséiert déiselwecht Kategorie vu jonke Leit wéi den CAE, mä adresséiert sech un de Privatsektor. Och den CIE ass duerch dëse Gesetzestext op fir Diploméiert.

Well kee vun eis viraussoe kann, ob eis Wirtschaft am Laf vum nächste Joer nees unzitt, gesäit de Gesetzestext vir, d'Dauer vum CIE bei Bedarf ze verlängeren. Dat heescht, dass och den CIE eng Dauer vun zwielef Méint huet. Wann en ausleeft, huet den Employeur awer d'Méiglechkeet, duerch eng Demande un de Beschäftigungsminister eng Verlängerung unzefroen. Grad wéi den CAE kann den CIE awer net méi laang dauere wéi 24 Méint am Ganzen.

De Montant vun den Indemnitéiten ass d'selwecht geregelt wéi beim CAE. Doriwwer eraus kann den Employeur beim CIE deem Jonken, wéi och elo schonn, fakultativ eng Prime de mérite ausbezuelen.

Wat d'Remboursement vum Fonds pour l'Emploi ugeet, iwwerhëlt de Stat beim CIE am Privatsektor all Mount 50% vum der Indemnitéit vun deem Jonken. Dëse Mount geet erop op 65%, wann dee Jonken an engem Secteur schafft, wou säi Sexe ënnerrepresentéiert ass. Beim CIE kënnt derbäi, dass deem Jonken e Certificat de travail vum Employeur ausgestallt gi muss.

Wann den Employeur dee Jonken no sengem CIE astelle wëllt, gëllen déiselwecht Konditiounen wéi beim CAE. Dat heescht, den Employeur kritt eng Prime unique vum Fonds pour l'Emploi, déi sech op 30% vum Gesamttotal vun der Indemnitéit, déi dee Jonke bezunn huet, beleeft. Den Employeur muss, wann e Leit astellt, fir d'éischt dee Jonken, dee fir hie geschafft huet, froen, ob hien déi ausgeschriwwen Plaz wëllt, wa se op seng Qualifikatiounen passt. Dës Priorité d'embauche huet déiselwecht Dauer wéi den CIE, deen de Jonke beim Patron geschafft huet.

Drëtzens, komme mer elo zum Haaptpunkt vun dësem Gesetz. Den CIE-EP - wéi gesot, de Contrat d'initiation à l'emploi - expérience pratique oder, wéi scho gesot, eng Zort Praktikum, ass exklusiv reservéiert fir jonk Leit mat engem Diplom. Dat heescht, jiddwereen, deen ënner 30 Joer al ass an op d'mannst en Techniker-/Premières-/Treizième-Diplom huet, mä awer och e Bachelor oder e Master huet, ka sech fir esou e Kontrakt mellen.

Fir dass dës Moossnam méi séier kann a Kraaft trieden, brauchen am Géigesaz zum CAE an CIE déi Jonk net iwwert d'ADEM ze fueren. En extrae Büro ënnert dem Numm „anelo“ gouf ufanks September hei an der Stad Lëtzebuerg op der Escher Strooss op Nummer 209 ageriicht, fir déi jonk diploméiert Leit ze empfänken an ze beroden.

Ech war mer de Büro vun „anelo“ d'lescht Woch ukucken an ech muss soen, dass eisen neien Aarbechts- a Beschäftigungsminister Nicolas Schmit sech domat scho gutt a schnell op déi nei Situatioun preparéiert huet, déi mat dësem Gesetz méiglech gëtt, am Sënn vun enger...

► **Une voix.** - ...iwwerhaupt net vill gemaach virdrun!

(Interruptions)

► **M. le Président.** - Den Här Negri huet ganz eleng d'Wuert!

► **M. Roger Negri** (LSAP), rapporteur.- Merci, Här President.

...déi mat dësem Gesetz méiglech gëtt, am Sënn vun enger schneller Beschäftigung fir eis Jonk. All Respekt, Här Minister!

Dee Büro bitt och eng informatesch Plattform un ënnert der Website www.anelo.lu, wou déi Jonk hiren CV dropsetze kënnen. Wa si awer méi eng detailléiert Berodung brauchen, hu si d'Méiglechkeet och, sech direkt am Büro „anelo“ déi néideg Informatiounen ze froen.

De Büro „anelo“ gëtt gëréiert iwwer e Guichet unique an Zesummenaarbecht mat der ADEM, CEDIES, SNJ an dem CPOS.

Och wann déi Jonk net deen normale Wee iwwert d'ADEM fuere mussen, ass d'ADEM awer mat agebonnen an informéiert déi Jonk iwwert déi ausgeschriwwen Plazen um Aarbechtsmarché. An ëmgedréint gëtt den Employeur vun deeneselwechten Organer d'Méiglechkeet gebueden, iwwer „anelo“ hir Aarbechtsofferer ze publizéieren.

Während dräi Méint hunn déi Jonk Zäit fir selbstständeg no enger Aarbecht ze sichen a brauche sech och net regelméisseg bei der ADEM ze presentéieren. No dëser Period vun dräi Méint fale si automatesch an de System vun der ADEM zréck. Selbstverständlech kënnen si awer während deenen dräi Méint och froen, fir an deen traditionelle System ze kommen.

Den CIE-EP huet eng Dauer vu sechs bis 24 Méint. Och dëse Kontrakt kann net méi laang wéi zwee Joer daueren.

Wat d'Indemnitéit ugeet, esou verdéngen d'Leit mat engem BTS, Première- oder Treizièmes-Diplom 120% vum Mindestloun. Leit mat engem Héichschoul- oder Unis-Diplom kréien 150% vum Mindestloun.

De Fonds pour l'Emploi rembourséiert all Mount 40% vum der Indemnitéit un den Employeur. D'selwecht wéi beim CIE, ass den Employeur obligéiert, um Enn vum CIE-EP dem Jonken e Certificat de travail auszustellen.

Wann en Employeur dee Jonken astelle wëllt, muss en him en onbefristete Kontrakt ouni Stagezäit ubidden, wann dee jonken zwielef Méint op d'mannst fir hie geschafft huet. Den Employeur kritt och hei eng Prime unique vum Fonds pour l'Emploi, déi sech op 30% vum Gesamttotal vun den Indemnitéiten, déi dee Jonke bezunn huet, beleeft.

Wat d'Priorité d'embauche ugeet, ziele beim CIE-EP déiselwecht Regele wéi beim CIE.

Et gouf estiméiert, dass déi dräi Aarbechtsmesurë fir ronn 800 jonk diploméiert Leit a Fro kommen, a ginn deementspreechend mat 14 Milliounen Euro am Fonds pour l'Emploi ageschriwwen.

Här President, opgrond vum gudden Avis vum Statsrot, ass de Gesetzestext méi kloer strukturéiert ginn. Sou gesäit dës vir, dass d'Kapitel 1 all déi Dispositiounen regroupéiert, déi zäitlech begrenzt, also bis den 31. Dezember 2010, Changementer am Code du Travail aféieren.

D'Haaptpunkten dovunner sinn: 1. Den CIE-EP gëtt nom 31. Dezember 2010 net méi ugebueden; 2. d'Montant vum der Indemnitéit ginn nom 31. Dezember 2010 och erëm erofgesat; an 3. d'Ausbezuelen vun der Prime unique duerch de Fonds pour l'Emploi fällt och da logescherweis erëm ewech.

An engem zweete Kapitel ginn dann déi definitiv Changementer am Code du Travail opgezielt. Si bestinn dann och iwwert den 31. Dezember 2010 weider eraus. D'Haaptpunkten dovunner sinn: 1. De Chef d'entreprise ass obligéiert, fir d'Personaldelegatioun iwwert d'Ofschlësse vun CAE, CIE an CIE-EP ze informéieren a mat hinnen doriwwer ze diskutéieren. Hie muss och eemal am Joer op d'mannst de Comité mixte zu dëse Moossname consuléieren.

2. An engem CAE muss dee Jonken op d'mannst 16 Stonne Formatioun pro Mount maachen. Dat war am Gesetz vum 22. Dezember 2006 net dran. An ech halen dësen Zousaz fir enorm wichteg.

3. Dee Jonken an enger Moossnam huet d'Recht op déiselwecht Konditiounen, wat Congé ugeet, wéi aner Leit am Betrib.

4. Wat Nuets- a Sonndesaarbecht ugeet, do ass et d'selwecht, do gëllen déiselwecht Reglementer vum Droit commun.

Här President, ech wëll och kuerz op den Avis vun der Chambre des Salariés agoen. Vu dass all Betrib fräi ass, deem Jonken en CIE-EP-Kontrakt auszustellen, riskéiere mer vill verschidde Modeller vun esou Kontrakter ze kréien. Dofir proposéiert d'Chambre des Salariés, e Standardmodell vun esou engem Kontrakt auszeschaffen. Domat huet all Jonken deeselwechte Kontrakt an et kann een évitéieren, dass abusiv Clausen drastoe kommen.

Eng aner Propos, déi awer an déiselwecht Richtung geet, ass d'Afféiere vun engem Standardcertificat, deen all Jonken nom Oflaf vu sengem respektiven Aarbechtskontrakt ausgestallt kritt. Dëse Certificat gëllt als Bewäis fir d'Anhale vun engem vun deenen dräi Aarbechtskontrakter a beschreift dem Jonke seng Kompetenzen a wat hien a senger Zäit an deem Betrib och geléiert huet.

Här President, zum Schluss wëll ech nach eng Kéier kloer soen, dass déi dräi opgezielten Aarbechtskontrakter fir Jonk Leit bis 30 Joer mat Diplom an der Zäit limitéiert sinn a gëllen als Plan d'urgence a Krisenzäiten. Op kee Fall solle se den Employeuren d'Méiglechkeet ubidden, fir gutt an effikass Aarbechtskräften zu niddrege Léin anzustellen.

Dofir gesäit d'Regierung e Comité de pilotage tripartite vir, deen de System regelméisseg iwwerpréift an esou Mëssbräich verhënnert. Dofir ass och am Artikel 13 vum Projet de loi festgehalten, dass de Comité permanent eng Evaluatioun no sechs Méint vun deem Gesetz vun haut virhëlt.

Déi iewescht Finalitéit am Kampf géint de Chômage a besonnesch an dëse Krisenzäite muss et sinn, eise jonke Leit mat an ouni Diplom e festen Aarbechtskontrakt unzebidden.

Domat ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Negri Merci. An als éischte Riedner ass den Här Léon Gloden agedroen. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Léon Gloden** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Hären, a schwierigen Zäiten ass et leider e Phänomeen, datt Jugendlech ouni Schoulofschloss et ganz schwéier hunn, eng Aarbechtsplaz ze fannen. Nei ass awer de Risiko, datt duerch d'Ausmooss vun der Kris och elo Jugendlech mat engem Diplom betraff sinn, an ënnert hinne souguer Jugendlech mat ganz héije Studien.

Ech wëll awer och am selwechten Otemzuch soen, datt deen am Summer gefaarte Rush op d'ADEM vun 2.000 Jugendlech mat engem Schoulofschloss ausblivwen ass.

Dëse Projet de loi huet als primäert Zil, d'Mesurë vun CAE a vun CIE op Jugendlech mat Diplomer auszeweiden an och den CIE-EP anzeféieren. D'Ofkierzungen CAE, CIE an CIE-EP klänge wéi Bezechnungen fir Vitaminen, an dat grad ass hir Funktioun. Vitamine fir Jugendlech, datt se fit gemaach gi fir den Aarbechtsmarché.

De Rapporteur huet en expliziten an objektive Rapport vum Projet, deen ënnert dem frëieren CSV-Aarbechtsminister entstanen ass, virbruecht, sou datt ech hei net op déi verschidde Mesuren am Detail wëll zréckkommen an him am Numm vun der CSV Merci soe fir deen explizite Rapport.

Ech wëllt awer drun erënneren, datt den CIE-EP extra agefouert gëtt, oder soll agefouert ginn, wann d'Gesetz gestëmmt gëtt, fir deene Secteuren ze erlaben, wou Kuerzaarbecht ass, jonk Leit ze engagéieren, fir hinnen déi néideg Formatioun ënner anerem kënnen ze ginn.

Besonnesch betraff ass hei den Industriesektor. Zum Beispill eng Entreprise wéi Goodyear, déi Kuerzaarbecht huet, ka während der Kuerzaarbecht net rekrutéieren. Et sinn awer eng Rëtsch Ingenieuren um Marché, déi onbedéngt Formatioun an engem Betrib brauchen. Mam CIE-EP ass hinnen dës Méiglechkeet ginn.



D'CSV ass an déi lescht Wähle gaange mam Slogan „Zesumme wuessen“ an „Generatiounen denken de séchere Wee“. Dëse Projet läit voll op dëser Linn. Zesumme wuessen an a Generatiounen denken, heescht ënner anerem solidaresch handelen, Här Bettel.

(Interruption)

Dat geschitt mat dësem Projet de loi.

Och de séchere Wee leeft duerch dëse Projet. Duerch d'Formatiounen an de Praktikum souwéi den Encadrement, a méi generell duerch d'Méiglechkeet vun engem CAE, CIE an engem CIE-EP ze bénéficiéieren, kréien d'Jugendlech a besonnesch duerch dëse Projet d'Jugendlech mat engem Diplom d'Méiglechkeet, Erfahrungen um Aarbechtsmarché ze sammelen. Och kréie se eng seriö Perspektiv op eng Plaz.

Dës Perspektiv ass nämlech ginn duerch d'Priorité d'embauchage, déi jo par rapport zum Projet 5611 verlängert gëtt. E Patron, deem e Jugendlechen ausgebilt huet, dee wëllt prinzipiell dee Jugendlechen halen, wann d'ekonomescht Ëmfeld et him erlaabt. De Patron huet net nëmme Geld, wat e jo deels vum Stat hei kritt, investéiert, mä och vill Zäit an Know-how an dee Jugendlechen. De Jugendleche gëtt esou zum mënschleche Kapital, am positive Sënn vum Wuert, fir de Patron.

Ouni d'Subventiounen géife Jugendlech net op den Aarbechtsmarché kommen.

Dëse Projet de loi gëtt kritiséiert, insbesondere well Abusé kéinte geschéien. Abusé kënnen et ëmmer ginn. Mä et dierf een awer net den Abus als Leitfaden huelen, fir géint e Gesetz ze stëmmen.

Et ass eis och oft virgehäit ginn, dass Abusé bei den Indemnités de chômage géife geschéien. Dofir schafe mer awer net d'Indemnités de chômage of.

Kommt, mer ginn dësem Projet de loi dach eng Chance a kommt, mer vermëttelen dach e positive Message no baussen, dee soll heeschen: Léif Patronen, léif Jugendlech, mir gleewen un Iech. Mir zielen op Iech. Duerfir bidde mer Iech eis Hand, fir aus der Kris ze kommen. Ech géif souguer soen, fir eng Expressioun vum Premierminister ze gebrauchen: Et ass eis verdammt Flicht, dëse Projet de loi ze stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Gloden Merci, an als nächste Riedner ass den Här André Bauler agedroen. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Bauler (DP).**- Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, d'Situatioun bei der ADEM ass „katastrophal“. D'Aarbechtsmaartverwaltung muss „d'urgence“ reforméiert ginn.

Dëst si keng Aussoe vun engem Oppositionspolitiker, mä et ass de Constat an d'Fuerderung vum neien Aarbechtsminister, deem am Kader vun enger Pressekonferenz den 20. Oktober versprach huet, sech direkt ëm den Ëmbau vun der ADEM ze këmmern.

An dësem Dossier dierft keng „wäertvoll“ Zäit méi verluer goen. Sou de Minister, deem ënnerstrach huet, keng weider Auditen a Studien an d'Wee ze leeden, mä bis Juni 2010 e Reformkonzept virzeleeën.

D'Personal vun der ADEM soll elo séier opgestockt ginn. Dëst ass net vu Muttwëll, well d'Leit op der ADEM sinn de Moment einfach hoffnungslos iwwerfuert. Zu Esch këmmert sech am Duerchschnitt ee Beamten ëm 1.167 Chômeuren, zu Woltz ass et ee Beamte fir ronn 470 Aarbechtsloser.

Ënner esou engen Ëmstänn ass eng gutt Betreuung vun deem eenzelnen Demandeur d'emploi einfach net méiglech. Eent zu honnert soll der OECD no d'Verhältnis tëschent Placeur an Demandeur d'emploi sinn. Mir sinn de Moment wäit vun dëser Zuel ewech.

De Message vum neien Aarbechtsminister, nämlech deem, dass d'Lag katastrophal ass, ass alles mä kee Luef fir säi Virgänger. Wann den neien Aarbechtsminister deemno vun enger dramatescher Situatioun bei der ADEM schwätzt a sech net hannert Auditen an Etüde wëllt verstop-

pen, da weist hien domat, wat säi Virgänger jorelaang gemaach huet.

Amplaz d'Reform vun der ADEM konsequent unzegoen, wéi et d'Demokratesch Partei scho während Jore fuerdert, huet de Minister ëmmer nei Excusé fonnt, fir dëse Problem net unzegoen. Mol war et en Audit vun der OECD, deem nach huet misse ofgewart ginn, an deem seng Konklusioun iwwregens deckungsgläich mat de Fuerderungen an Iddiën vun der DP war. Mol war et en Accord mat der CGFP, deem huet misse hierhalen, fir dass am Dossier ADEM kaum eppes geschitt ass.

Zéng Joer laang war de François Biltgen Aarbechtsminister. Eleng an deene fënnf leschte Joren ass de Chômage vun 8.292 Persounen (August 2004) op 14.234 Persounen am August 2009 geklomm, also ëm ronn 71%. Bei deene Jonke sinn d'Zuelen ähnlech dramatesch, plus 35% an deene leschte fënnf Joer.

Et kann ee sech also d'Fro stellen, ob den Här Biltgen keng Verantwortung konnt oder wollt iwwerhuelen, oder awer, ob seng Partei keng Verantwortung konnt oder wollt iwwerhuelen. Oder ob et esou war, dass e beim Nodenken iwwer eng méiglech Reform vun der ADEM net derzou komm ass, se och an d'Realitéit ëmsetzen.

Et kann ee sech dann och d'Fro stellen, ob et wierklech esou ass, wéi den Här Schiltz d'lescht Woch behaupt huet, dass een als CSV-Politiker ka parallell handelen an nodenken. An dësem Fall war et jiddefalls esou, dass den Här Biltgen vläicht nogeduecht huet, mä net gehandelt huet.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. André Bauler (DP).**- Mir hätten als DP...

(Interruptions)

Mir als DP jiddefalls hätten eis op alle Fall gewünscht, en hätt souwuel driwwer nogeduecht wéi och gehandelt, amplaz nëmme Plooschteren op en hëlzent Been ze pechen.

(Brouhaha)

► **Une autre voix.**- Très bien!

► **M. André Bauler (DP).**- Här President, zënter Joren ass d'Lag um Aarbechtsmaart amgaange sech ze verschlechteren. Besonnesch de Jugendchômage huet bedenklech Ausmoossen ugehall; tëschent August 2008 an August 2009 sinn eppes méi wéi 600 Jonk ënner 26 Joer méi bei der ADEM ageschriwwen. Si representéiere bal 17% vun de Persounen ouni Aarbecht.

Just 20% vun de jonken Demandeurs d'emploi, déi aus dem Postprimaire kommen, hunn een Treizièmes- oder Premières-Diplom. D'Majoritéit vun hinnen ass also net genuch qualifizéiert. Et si grad dës jonk Leit, déi als Éischt der Kris zum Affer falen a sech um Aarbechtsmaart ganz schweierdinn, eng fest Plaz ze fannen.

Mat dem Gesetzesprojet 6068 reagéiert d'Regierung elo, méi wéi e Joer nodeems d'Kris ugefaangen huet, op dës dramatesch Lag.

De Projet schreift sech dann och kloer an de Kontext vun der aktueller Wirtschaftskris an. Et ass eng aussergewöhnlech Moosnam an enger aussergewöhnlecher Situatioun. D'Fro muss an dësem Kontext awer erlaabt sinn, firwat et méi wéi zwielef Méint gedauert huet, éier dësen Text proposéiert gouf.

Nach eng Kéier muss ee sech d'Fro stellen, firwat net schonn dee fréieren Aarbechtsminister mat esou enger Proposition koom. Dann hätt een dësen Text net misse duerch den Instanzewee baatschen an déi nei Mesurë wäeren och schonn en place gewiescht fir déi Jonk, déi am Summer hir Étuden ofgeschloss hunn.

De Gesetzesprojet entsprécht also, a mäi Virriedner Roger Negri huet et gesot, engem Noutplang. Dofir ass en an der Zäit begrenzt an en huet als Zil, déi konjunkturell bedéngte Jugendarbeitslosigkeit ze bekämpfen.

D'Demokratesch Partei ënnerstëtzt dës Approche prinzipiell. De Stat, awer och d'Betribler mussen hirer sozialer Verantwortung gerecht ginn an dierfen déi Jonk, déi eng éischte Kéier op den Aarbechtsmaart trieden, net am Stach loossen.

D'Aféierung vun engem Contrat d'initiation à l'emploi - expérience pratique ass ze begrëssen, well dëse Kontrakt et erméiglecht, de jonken Diploméierten e Praktikum ze offréieren, deem et hinnen erlabe soll, méi licht eng definitiv Plaz, spréch e Contrat à durée indéterminée ze fannen.

D'Ausdehnung vun dem Contrat d'appui emploi an dem Contrat d'initiation à l'emploi op déi jonk Qualifizéiert ka sech nëmme duerch déi konjunkturell schwier Lag legitiméieren an dierf dofir nëmme zäitlech begrenzt bleiwen.

Här President, Kris hin oder hier, et muss alles ënnerholl ginn, fir dass déi Jonk direkt am éischten Aarbechtsmaart eng Plaz fannen. D'Moosnamen, déi dëse Gesetzesprojet virgesäit, dierfen also net zu Abusé féieren. Nëmme déi Betribler, déi eeschthafte vun der Kris betraff sinn, dierfen d'Recht hunn, an de Genoss vun de Virdeeler vun dësem Gesetzesprojet ze kommen.

D'Demokratesch Partei hofft, dass d'Kontrollmoosnamen, déi vun der Regierung proposéiert ginn, Mëssbräich vermeiden hëllefen. D'Demokratesch Partei fäert awer, dass duerch den administrativen Opwand, dee mat dësem Projet verbonnen ass, vill kleng- a mëttelgrouss Betribler, déi net iwwer en entwéckelten administrativen Staff verfügen, découragéiert ginn an dat si dovunner ofhält, fir sech dem onvermeidbare Formalismus, dee mat dësem Projet verbonnen ass, ze ënnerwerfen.

Net fir näischt schreift de Statsrot a sengem Avis, dass d'Moosnamen, weinst hirer Komplexitéit, eventuell bestëmmte Promoteure profitéiere géifen, déi besonnesch aviséiert wäeren, dogéint kleng- a mëttelbetribler riskéieren de facto vun dëse Virdeeler ausgeschloss ze ginn. Dat géif d'Wierksamkeet vun dëse Mesuren erofsetzen. Mesuren, esou präziséiert de Statsrot, déi jo awer d'Allgemengheet, spréch de Steierzueler, deier ze stoe kommen. Doriwwer eraus kann et zu punktuellen Diskriminéierungen tëschent Betribler kommen.

D'Chambre des Salariés weist an hirem Avis drop hin, dass an enger selwechter Uertschaft mat zwee Handwerksbetribler deem ee vis-à-vis vun deem aneren diskriminéiert ka ginn, well deem een ënner sengem perséinlechen Numm agéiert beziéungsweis haft, an deem aneren am Kader vun enger Handelsgesellschaft, zum Beispill enger S.à r.l. funktionéiert.

Deem éischten Handwierker, deem also a sengem eegenen Numm etabléiert ass, kann en CAE mat engem jonke Chômeur ofschléissen. Deem zweeten dergéint kann dat net maachen, dëst well d'Handelsgesellschaft vum dëser Form vu Kontrakt prinzipiell ausgeschloss sinn.

Hei riskéiere klengbetribler vun ähnlecher Gréisst weinst hirem juristesche Statut diskriminéiert ze ginn. De Gesetzesprojet hätt also hei punktuell verbessert misse ginn, fir esou Situatiounen ze vermeiden, zumools well dat de Spillraum bei der Astellung vu manner gutt qualifizéierten Aarbechtslose vergréisseren kéint.

Här President, mir stellen eis och d'Fro, ob d'Formatiounen, déi de Gesetzesprojet virgesäit, wierksam sinn. Dës Formatiounen solle jo d'Qualifikatiounen vun deene betraffene Jonken nohalteg verbessern, oder zumindest punktuell Defiziter an hirer Ausbildung ofbauen. D'Formatiounen, déi ugebuede ginn, dierfe keen Exercice de style sinn. Si mussen op den individuelle Profil an d'Bedürfnisser vun deene Jonken zugeschnidde sinn, fir esou hir Kompetenzen ze stärken.

De Formatiounsplang muss deemno konsequent a geziilt applizéiert ginn. E muss e reelle Mehrwert bréngen an d'Chancë vum Chômeur um Aarbechtsmaart spierbar verbessern. Et heescht den Après-crise ze préparéieren an déi Jonk fit fir den Aarbechtsmaart ze maachen.

An deem Kontext verlaange mir, dass d'Wierksamkeet vun dëse Moosnamen duerch de Comité de pilotage regelméisseg iwwerpréift gëtt an d'Konklusiounen vun dësen Auswäertungen zu eventuelle Kurskorrektur féieren.

Ob d'ADEM dem Usproch vun enger besserer Betreuung awer ëmmer gerecht ka ginn, dierf ee bezweifelen, schonn eleng

doweinst, well et einstweilen, wéi schonns ugedeit, net genuch Begleetpersonal gëtt, à moins dass de fréieren Aarbechtsminister a senger Qualitéit als neie Minister vun der Fonction publique et fäerdeg bréngt, fir der Aarbechtsmaartverwaltung op Wonsch vu sengem Successeur zousätzlech Personal zur Verfügung ze stellen.

Bei der ADEM betreit zurzäit ee Placeur am Duerchschnitt 600 Chômeuren. Dat ass eng ontragbar Situatioun, déi d'DP scho viru Joren ugeprangert huet. De fréieren Aarbechtsminister huet ëmmer nees Veränderungen ugekënnegt, mä dobäi blouf et dann och, leider. Well wéi d'Kris Enn 2008 iwwert d'Land agebrach ass, war eigentlech e schnellt Handeln erfuerdert.

Trotz der Krisensituatioun gouf d'Reform vun der ADEM net an Ugrëff geholl. Et blouf beim Ukënnegen a Studéieren. De Minister Schmit muss also elo a kuerzer Zäit dat opschaffen an nohuelen, wat säi Virgänger net ugepaakt huet.

► **Une voix.**- Dat ass net richtig.

► **M. André Bauler (DP).**- Dëst wäert mat Sécherheet keng einfach Aufgab ginn.

Här President, d'Kollege vun deene Gréngen a vun deene Lénke wëllen dëst Gesetz wahrscheinlech net stëmmen, well se der Meinung sinn, dass vun deene proposéierte Mesuren haaptsächlech d'Patronat profitéiert oder géif profitéieren, fir kënnen op bëlleg Manéier gutt qualifizéiert Aarbechtskräften ze rekrutéieren.

Dat ass sécherlech net ganz falsch, an awer och nëmme déi hallef Wourecht. Et sti Garde-fouen am Gesetzesprojet, déi eben dëst genee solle verhéieren.

Op där anerer Säit muss ee sech och d'Fro stellen, wat mer dann an enger Krisensituatioun wéi där aktueller wëllen: Wëlle mer, dass déi Jonk och a schwierigen Zäiten eng Aarbecht fannen, och wann de Stat dofir finanziell muss asprangen, oder wëlle mer déi Jonk einfach sech selwer iwwerloossen an hinnen net bei Antrëtt an d'Aarbechtswelt hëllefen? Mir mengen, dass déi éischt Alternativ bäi Wäitem besser ass, wéi déi zweet.

D'Jugendarbeitslosigkeit werft awer och Froen iwwer eise Schoulsystem an iwwer eis Gesellschaft am Allgemengen op. Déi professionell Orientéierung misst eigentlech méi fréi a méi intensiv an eise Schoule gefördert ginn. Et gëtt ëmmer nach ze vill Jonker, déi d'Schoul fräizäiteg a soumat ouni nennenswäert Qualifikatioun ofbriechen. Et gëtt och vill Jonker, déi Studien ufänken, déi kaum Berufsperspektive bidden. An et gëtt och déi, déi sech vun engem Schouljoer an dat anert schleefen, ouni et awer zu engem Diplom ze bréngen, sief et, well et hinnen un der néideger Motivatioun feelt, sief et aus familiären oder soziale Grënn.

Un éischer Plaz gëllt et de Problem vum niddrege Bildungsniveau vu villen Aarbechtslosen, ronn 48% vun hinnen hunn e ganz niddrege Bildungsgrad, ze behiewen. D'ADEM muss dofir eng Aus- a Weiterbildungagentur ginn, déi enk mat den existierende Weiterbildungsinstituten zesummeschaffe soll. Et heescht och d'Betreiungsqualitéit zugonschte vun den Demandeurs d'emploi ze verbessern. Dofir muss d'Zuel vun de Vermëttler a Beroder opgestockt ginn - massiv opgestockt ginn -, fir dass all Demandeur méiglechst personaliséiert betreit ka ginn, awer och, fir dass d'Kontakter zu den Entrepreneuren an deenen hire Personalbüroer verbessert an ausgebaut kënnen ginn.

Här President, interessant sinn an deem Kontext d'Iwwerleeunge vum LCGB-Generalsekretär, deem am „Soziale Fortschritt“ eng gemeinsam Berodungsstruktur verlaangt a sech driwwer beklot, dass am Kader vun der Koalitionsbildung nees keng national Instanz geschaf gouf, déi sech zentral ëm déi schoulesch a beruflech Berodung këmmert.

(Interruption)

Wuel gouf déi politesch Absicht geäussert, dass méi enk a geziilt zesummegeschafft misst ginn. Wiem notzt et awer - esou freet



den LCGB-Generalsekretär weider -, wann d'Politik Wënsch an Absichten äussert, mä ënnert dem Stréch net vill geschitt? De Regierungsprogramm hätt sech an deem Punkt méi konkret a konsequent äussere misse; esou den LCGB-Vertrieder.

(Interruption)

Als DP kënne mer dem LCGB-Generalsekretär nëmme bäiflichten. Et muss ee sech effektiv froen, firwat dës berechtegt Fuerderung bis ewell nach net op oppen Oueren, Regierungsoueren, gestouss ass. D'Demokratesch Partei huet an de leschte Méint ëmmer nees drop opmierksam gemaach, datt um Terrain vun der beruflecher Orientéierung a Berodung an um Gebitt vun der Aarbechtspolitik en Ëmdenken onëmgänglech ass. Méi Betreuungsqualitéit, geziilt Weiderbildungen an eng verbessert Ënnerstëtzung fir den eenzelne Chômeur, dat sinn a bleiwen eis zentral Fuerderungen an der Lutte géint d'Aarbechtslosegkeet.

Am Chômage ze sinn, dat ass fir déi be-
traffe Leit en individuellen Drama. Grad
déi Jonk, déi frësch op den Aarbechtsmaart
kommen, brauchen Initiativen, déi hinnen
de Wee an d'Aarbechtswelt erliichten a
si net an enger Situatioun hänke loossen,
wou si riskéieren ontäteg ze ginn a Kom-
petenzen, déi se an der Schoul entwéckelt
hunn, broochleien ze loossen.

D'Kris verlaangt eng schnell Äntwert, an
dofir ënnerstëtze mir dëse Gesetzesprojet.
Gläichzäiteg widderhuele mer awer, datt
dës Mesuren hiren exceptionelle Charakter
behale mussen an alles ënnerholl gëtt, fir
d'Entreprisen ze encouragéieren, direkt
iwwert den éischten Aarbechtsmaart anze-
stellen.

Ofschléissend, Här President, wëll ech dem
Rapporteur, dem honorabelen Här Roger
Negri, fir säin ausféierleche mëndlechen a
schrëftleche Bericht félicitéieren an den
Accord vu menger Fraktioun zu dësem
Projet de loi ginn.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här
Bauler Merci. Als nächst Riednerin ass
d'Madame Loschetter agedroen. Madame
Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi
gréng*).- Här President, Dir Dammen an Dir
Hären, bal dräi Joer méi spéit, eng Natio-
nalwahl méi spéit an en neien Aarbechts-
minister méi spéit, kréie mir en urgence
hei an dësem Haus eng Adaptatioun vum
Projet de loi 5611 presentéiert. Verschidde
béis Zongen hunn dëse Projet de loi
5611 bis genannt. Ech woe souguer den
Term 5611 plus, well d'Intentioun vum
dësen Adaptatioun sinn d'Mesuren CIE,
de Contrat insertion emploi, an den CAE,
de Contrat activation emploi, ze promou-
véieren.

D'Essenz vun dësem Projet de loi ka sech
an zwee Punkte résuméieren: Éischtens,
déi bestoend Mesurë gi méi flexibel a
manner contraignant gestallt; an zwee-
tens, déi bestoend Mesurë ginn ausgeweit
op déi Jugendlech, déi en Diplom Bac oder
Bac+ hunn. Et wier nach ze preziséieren,
datt et momentan virgesinn ass, d'Applika-
tioun vun dësem Projet de loi, spéider vun
dësem Gesetz, an der Zäit ze limitéieren,
an zwar bis Enn 2010.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären,
Dir kënn lech bestëmm alleguer erënnen-
en, wéi vill Jugendlech sech viru knapp
dräi Joer zu Wuert gemellt haten an den
Émgank schaarf kritiséiert hunn, wéi d'Po-
litik ëmgeet mat hirer Problematik, eng
Schaff ze sichen an eng Schaff ze fannen.
Haut sti mer mindestens virun darselwech-
ter Problematik. A verstitt mech richteg,
mir sti virun darselwechter Problematik,
déiselwecht Situatioun, déi Situatioun, wéi
d'Politik mat de Jugendlechen ëmgeet, déi
eng Schaff sichen.

(**Mme Lydie Polfer prend la présidence.**)

Mä haut, dräi Joer méi spéit, ass och d'Pro-
blematik eng Problematik plus. Effektiv,
wéi den neie Minister net midd gëtt ze
widerhuelen, an och de Rapporteur,

deem ech Merci soe fir säi mëndlechen a
schrëftleche Rapport, et ënnerstrach huet,
huet sech bannent engem Joer de Chô-
mage indennisé verduebelt; also de Chô-
mage, deen ons eppes kascht.

29% vun de Mënschen, déi op der ADEM
ageschriwwen sinn, hu manner wéi 30 Joer.
Dat ass bal een Drëttel. Dat huet och de
Minister ënnerstrach gehat. Mais voilà, elo
ass tëschent den dräi Joer CIE an CAE, të-
schent de Wahlen a virun engem neien
Aarbechtsminister, eng Finanzkris an
duerno eng Wirtschaftskris iwwert d'Land
komm. A mir fäerten, vläicht net zu On-
recht, datt zousätzlech zu den onqualifi-
zéierten oder wéineg qualifizéierte Jugend-
lechen och elo déi qualifizéiert a souguer
déi héich diploméiert Jugendlech keng
Aarbecht fannen.

Et sinn an deem leschte Joer 3.878 Aar-
beitsplaze geschaf ginn. Allerdéngs ginn
der dovunner direkt eng 56,3% un Nétré-
sidenten, also och net un ons Jugendlech.
Mir sti virun der Erausforderung, an den
neie Minister, mä och de Rapporteur a
Verschiddener vun de Virriedner hunn et
och scho gutt erkläert: Wéi kréie mir ons
Jugendlech, qualifizéiert an net qualifi-
zéiert, op den Aarbechtsmaart? Wéi kënne
mir se ënnerstëtzen, fir eng Schaff ze fan-
nen a fir eng Schaff ze halen? Bis dohinner
si mer ons eens: éischstens, an der Formu-
latioun vum Problem, an zweetens an der
Zilsatzung.

De Wee dohinner ass awer eng aner Saach,
Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir
Hären. De Wee dohinner nennt sech Me-
suren. Wéi eng Mesurë setze mer an? Wéi
musse mer mat de Mesuren ëmgoen, fir
datt mer och kënnen evaluéieren, ob se
gräifen, spréch ob de Wee zum Zil och dee
richtegen ass?

Dozou ons Bemierkungen, déi gläichzäiteg
och ons Kritik beschreiwe par rapport zu
dësem Projet de loi an déi ons Skepsis aus-
drécken.

Mir haten hei an dëser Chamber per Mo-
tioun an dësem Plenum Enn 2006 gefrot,
fir eng Evaluatioun virgestallt ze kréien zu
der Aféierung vun de Mesuren CIE an CAE.
Et läit awer keng fundéiert a representativ
Evaluatioun vun dësen zwou nei age-
fouerte Mesurë vir.

Et läit just en esou gutt wéi méiglech a
wuel net representative Pabeier vir vum
Ceps, deen och éischter quantitativ Infor-
matione gëtt wéi qualitativer. Eng Statis-
tik läit vir, déi géif beweisen, datt vun de
Jugendlechen, déi virun allem an enger
CIE-Mesure waren, dovunner bal d'Häl-
schent agestallt gi wieren. Si se dat nach
haut, Madame Presidentin?

Wat mir an dësem Plenum gefrot haten,
war net eng zousätzlech Statistik, mä eng
Evaluatioun vun der Applikatioun vun dë-
sen zwou Mesuren. Eng Évaluation quali-
tative, déi ons de reelle Potenzial vun de
Mesurë beschriwwen hätt, déi läit net vir.
Esou eppes gëtt et net. An dat ass extrem
schued.

Wie ka mir bestätegen, datt dës Jugend-
lech net souwisou vum Patron agestallt gi
wieren, och ouni Mesure, ganz einfach
well de Patron eng Aarbechtsskraaft ge-
braucht huet? Kee ka mir dat weder bestä-
tegen nach widerleeën.

Wie ka mir bestätegen, datt déi Suen, déi
dës dräi lescht Joren an d'Mesurë gefloss
sinn, gutt investéiert waren, well mir do-
madder onst Zil erreecht hunn, dat
heescht Jugendlecher op den Aarbechts-
maart ze kréien an ze behalen, déi ouni
Mesure net onbedéngt eng Plaz fonnt hät-
ten? Kee ka mir dat bestätegen.

An déi nächst logesch Fro wier: Wie ka mir
da bestätegen, datt déi 14 Milliounen
Euro, déi un dësem Projet de loi hänken, e
gudden Invest sinn, fir Jugendlechen eng
Aarbecht ze vermëttelen, déi se soss net
kritt hätten? Kee ka mir dat bestätegen.

Da sinn ech bal gezwongen, mir d'Fro ze
stellen, ob dës Mesuren net virun allem
eng Mesure fir d'Betriber sinn. Betriber, déi
op eng indirekt Manéier gehollef kréie
Paien ze bezuelen, wa se e Jugendlechen
op d'mannst emol temporairement astel-
len, an dëst zu engem Präis, deen net der
reeller Lountabell entsprécht.

Mir hunn hei e Projet de loi virleien, deen
de Betriber hëlleft an där Wirtschaftskris en
Deel vun de Paien ze bezuelen, notam-

ment déi vun de jonke Salariéen, déi ën-
nert dem Präis bezuelt ginn, 120 bis 150%
vum Mindestloun fir e Bac+, ouni datt dat
och kloer regléiert ass.

Da misst een op d'mannst de Courage
hunn, Madame Presidentin, Dir Dammen
an Dir Hären, fir dee Projet de loi richteg
ze betitelen. Well d'Argumentatioun, fir
dës nei Mesuren anzeféieren, ass notam-
ment déi, datt et ons och nach géif kasch-
ten, wann ons Jugendlech keng Schaff
géife fannen. Dat ass scho richteg.

Systematesch gëtt awer argumentéiert,
datt mer ons net an enger normaler Situa-
tioun befannen. Iwwerhaupt gëtt dat
Wuert „normal“ ëmmer erëm widerholl,
fir ze ënnersträichen, datt mer net ënner
normalen Zoustänn liewen, zumindest an
onsere Aarbechtswelt.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir
Hären, wat heescht dat iwwerhaupt, an
normalen Zoustänn hätten dës Jugendlech
eng Schaff fonnt, fannen awer elo keng
Schaff, well mer net an enger normaler Si-
tuatioun sinn? Schafe mir net éischter dës
anormal Situatioun?

Natierlech si mer an enger schwiereger
Wirtschaftskris. Do, wou de Betrib a
Schwieregkeete geroden ass, solle mer de
Betriber hëllefen, an do, wou de Betrib
Main-d'œuvre brauch, muss de Betrib
astellen, esou oder esou. A grad do soll
d'öffentlech Hand awierken an onse Ju-
gendlechen, déi vun der Schoul kommen,
hëllefen, de jonke Männer a Fraen, déi
prett sinn, fir op den Aarbechtsmaart hël-
lefen, si ënnerstëtzen, an net d'Betriber.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir
Hären, déi nächst Fro wier jo dann eng Fro
un déi gréng Fraktioun, an zwar wier dat
déi: Wat géift Dir da maachen?

Mir géifen notamment déi 14 Milliounen
Euro huelen, fir e reellen Empowerment
vun de Jugendlechen an d'Wee ze leeden:
Éischtens, mir brauche kompetent Leit, déi
de Jugendleche begleeten a superviséieren;
zweetens, mir brauche Leit à l'instar
zum Beispill wéi d'Conseillers à l'apprentis-
sage oder d'Consultanten, déi mat der
ADEM schaffen.

Mir brauchen also Leit, déi e kontinuéierle-
chen a konstruktive Kontakt mat de Betri-
ber garantéieren am Déngscht vum Ju-
gendlechen. Eng Task force schafen, eng
Regierungsprioritéit deklaréieren, a Res-
source-humainen investéiere fir de Jugend-
lechen.

Ech wëll just hei ënnersträichen, datt ge-
nau déi do Diskussioun och virun dräi Joer
gefuert ginn ass, praktesch vu jiddweren-
gem heibannen, och vun deem deemole-
gen Aarbechtsminister, an datt verprach
gi war, datt mat den zwou Mesuren, CIE,
CAE, mat dem Projet de loi 5611, och vir-
gesi war, datt d'ADEM esou vill Poste géif
bäikréien, genau fir déi do Aarbecht ze
maachen.

D'ADEM huet wuel Poste bäikritt, awer net
fir déi do Aarbecht ze maachen. Op jidde
Fall net esou wéi se hätt solle gemaach
ginn, well d'ADEM - an dat ass scho gesot
ginn - restlos iwwerfuert ass a restlos
ënnerbesat ass.

Mir brauchen eng Plaz, wou déi Jugend-
lech, déi eng Schaff sichen, sech erëmfan-
nen. En einfache Guichet unique, an zwar
fir all Jugendlechen. Dat muss kee Millioun-
en deiert Gebai sinn. Neen, just eng ac-
cueillant Plaz mat accueillantem Encadre-
ment just fir déi Jonk.

Haut, Madame Presidentin, huet de Minis-
ter d'Situatioun proposéiert, datt déi eng
Jugendlech sech müssen op d'Arbeitsamt
bewegen, déi aner Jugendlech sech mus-
sen op d'Escher Strooss an de CEDIES
bewegen. Mir hunn also de Moment net
eng gemeinsam Plaz, wou all Jugendlech
sech kënnen erëmfanne fir déiselwecht
Problematik.

Wat mer brauchen, Madame Presidentin,
ass eng Maison de l'orientation, déi de Ju-
gendleche gewidmet ass, well de Jugend-
lechen, deen eng Aarbecht sicht, ons dat
wärt ass.

Mir wëssen - an dat ass d'Prolongatioun,
wat mer haut an dësem Projet de loi pre-
sentéiert kréien -, datt mer mam Projet
5611, an ech widerhuele mech, deemools
schon déi Ressources humaines
um Arbeitsamt sollten dofir kritt hunn, se

net kritt hunn. Dat ass eppes, wat mer
konstatéieren, Här Minister. Mä mir froen
eis, wéi et elo soll weitergoen, well d'Tu-
torat gëtt net manner, mä et gëtt méi
grouss an deem Exposé des motifs vun dë-
sem Projet de loi, dee mer haut virleien
hunn.

Mir brauchen also um Arbeitsamt, oder
niewent dem Arbeitsamt, mir brauchen op
jidde Fall fir CIE, CAE Leit, déi fir si do sinn.
Mir brauchen eng Plaz, déi fir si do ass.
Mir brauchen net eng Institutioun, déi
restlos iwwerfuert ass, a mir brauchen
och net an engem CEDIES en Dësch an
zwee Still, wou dräi Nomëtteger an der
Woch zwee Leit hiert Bescht maachen, fir
deene puer Jugendlechen, déi sech dohin-
ner trauen, déi noutwendeg Informatioun-
en ze ginn, déi se eigentlech och kënne
soss anzwousch kréien.

An et ass eng Frechheet eigentlech, esou
Mesurë mat esou wéinege Mëttelen ze
proposéieren. Et ass eigentlech net nëm-
men eng Frechheet par rapport zu de Ju-
gendlechen, mä et ass eigentlech och eng
Frechheet par rapport zu deene Leit, déi
haut um Arbeitsamt schaffen an déi wierk-
lech net wëssen, wéi se elo solle mat deem
zousätzleche Projet ëmgoen.

Mir géifen also an de Jugendlechen inves-
téieren, a Mesuren investéieren, déi just
hinnen zeguttkéimen: Aktiounen, Encadre-
ment, Accompagnement um Terrain, Su-
pervisioun.

Iwwregens kéinte mer eis och eng Form vu
Bénévolat virstellen, wéi et deen och scho
gëtt, notamment am Ausland, notamment
um Aarbechtsmaart. Dat géif de Jugendle-
chen och e ganz flotten Zousaz an hirem
CV bréngen an dat géif hinnen och Er-
fahrung bréngen.

An et si genau dës Mesuren, notamment
dës Mesuren, déi ech lech beschreiwen,
déi mat Sécherheet och dem Patron ze-
guttkéimen an dem Patron eng Garantie
géife ginn, datt hie gutt investéiert. Wann
hien a sengem Betrib esou e Jugendleche
kann astellen, dee gutt encadréiert ass op
senger éischter Aarbechtsplaz, dann huet
de Patron och seng Pai gutt investéiert an
dann huet de Patron eng Garantie, datt en
a sengem Betrib virukënn.

Dat hätte mer misse viru spéitstens dräi
Joer maachen, bei der Aféierung vum CIE
a virum CAE, wann deemools déi richteg
Konklusione vum der deemoleger Evalua-
tioun vum Ceps gezu gi wieren. An dat
musse mer haut maachen. Mir wëllen an
d'Jugend investéieren. Dovunner profitéie-
ren och d'Betriber, an net ëmgedréint. Wat
haut proposéiert gëtt, ass e finanziellen In-
vest fir d'Betriber, keen Invest fir eng Be-
gleedung vun der jonker Aarbechtsskraaft.
Déi ass, wéi elo, inexistent.

Wat mer haut virleien hunn, ass e Projet,
dee par Definition a kengem Mooss no-
halteg ass. Esou Projete kënne mer ons net
méi erlaben, weder aus wirtschaftlecher
Sicht nach aus sozialer Siicht. Esou Projete
sinn enger Verschiebung vum Problem
gläichzestellen an ënnersträichen domad-
der d'Onverantwortlechkeet, mä awer och
d'Kuerzziichtegkeet vun dëser Regierung
op dësem Punkt. Schued eigentlech.

A Schued eigentlech och, datt d'Gewerk-
schafte sech gezwonge fillen, sech roueg
ze halen. Si haten Enn 2006 eng vill méi
kritesch Approche an hunn och net ge-
scheit, Jugendlecher op hir Rechter hin-
zeweisen: hiert Recht, respektvoll a gläich-
berechtigt behandelt ze ginn, och an der
Aarbechtswelt. D'Gewerkschaften hunn
deemools drop higewisen, datt esou Me-
suren eng Gefor wieren, fir dem Sozialof-
bau op eng schläichend Manéier eng Dier
opzemaachen.

Ech wëll ënnersträichen, datt souguer de
Statsrot ze bedenke gëtt, an ech zitieren
en op der Sait 3, wou e seet: «Le projet de
loi reste très vague au sujet des modalités
pratiques de ce système.» An ech denken,
datt dat och schlussendlech, ofgesi vum
Prinzip hier, dee gréisste Schwaachpunkt
vun dësem Projet de loi ass.

Mir müssen also feststellen, datt dëse Pro-
jet de loi net kloer ass op seng Effikassitéit,
datt en net nohalteg ass an datt e wahr-
scheinlech säin Zil wärt verfeelen,
nämlech ons Jugendlech fit a flott ze ma-
che fir op den Aarbechtsmaart, mä éisch-
ter temporär eng Iwwerbréckung wärt
maachen, well d'Regierung op dësem



Punkt vergiess huet, déi lescht Joren ze investéieren, vergiess huet, en nohaltege System anzeféieren, sech ze konzertéiere mat deenen anere Ministèren.

Dofir wäert dëse Projet de loi wahrscheinlech eng „Verschleisung“ vu 14 Milliounen d'Joer sinn. Mä ob dat wirklech nohaltege Aarbechtsplaze schafft fir Jugendlecher, woe mer am héchste Punkt ze bezweifelen. Dofir kënnen mir dee Projet de loi net stëmmen. Mir wäerten dee Projet de loi oflehnen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme le Président.** - Ech soen der Madame Loschetter och Merci an ech ginn dann d'Wuert un den Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Madame Presidentin. Léif Kolleginnen a Kollegen, fir d'éischt och e Merci un de Kolleg Roger Negri, deen e formidabele Rapport, wirklech an allen Detailen, en net relativ einfach technesch erklärbare System hei virgedroen huet. Ech mengen, et ass awer scho gutt gewiescht, datt hie sech déi Méi gemaach huet. Dat erspuert eis alleguer, ons och mussen an déi komplizéiert Wieder a Chifferen eranzeschaffen, wat sécherlech souwisou laanscht d'Leit dobausse wäert goen.

Ech mengen, an de leschte Joren hu mer heibanne regelméisseg iwwert d'Chômageproblematik diskutéiert, an et ass am Fong am Gréissten ugaangen 1999, wéi mer d'PAN-Gesetz heibanne gestëmmt hunn. Eng éischt Revisioun hu mer den 22. Dezember 2006 gemaach, wéi mer de Contrat d'appui-emploi fir de Stat an d'Gemengen, den CAE, oder de Contrat d'initiation à l'emploi fir de Privatsecteur agefouert hunn.

Als ADR hu mer deemools bei den Debatten 2006 bemängelt, datt d'Énnerstëtzung fir d'Demandeurs d'emploi, déi an de Privatsecteur ginn, misst méi grouss ginn, well mer einfach deemools scho gesot hunn, datt et net ka sinn, datt mer deene Jugendlechen d'Gefill ginn, datt se grad esou gutt hätten, eng vun deene Moossnamen am Secteur public ze huelen, well d'Erfahrung och deemools gewisen huet, datt déi Meescht, déi an esou enger Mesure beim Stat waren, iergendwéi dach ëmmer am Hannerkapp haten, datt se kéinte beim Stat bleiwen. Mir wëssen awer, datt et zäitlech limitéiert ass, an datt déi batter Wouerecht dach iergendwann eng Kéier kënnt, an een dann net do ka bleiwen.

Duerfir hu mer ëmmer derfir plädéiert, datt een d'Leit soll drainéieren an den éischten Aarbechtsmaart, an de Privatsecteur, well eben do d'Chancé sinn, datt déi Leit, wa se sech bewähren, dann och kënnen do eng definitiv Ustellung kréien. Eist Zil muss dofir ëmmer bleiwen, datt mer d'Leit am éischten Aarbechtsmaart, am Privatsecteur beschäftegt kréien.

Dëst Gesetz gesi mir an esou e Schratt goen, an dofir wäerte mir och dësem Gesetz zoustëmmen. D'Moossnamen an dësem Gesetz sinn zäitlech limitéiert op den 31. Dezember 2010, an niewent Onqualifizéierte kënnen elo och Jugendlecher mat enger Qualifikatioun duerch den neie System heivunner profitéieren.

Madame Presidentin, d'Fro vum Abus, déi hei virdrun opgeworf ginn ass, wëll ech och vun eiser Säit aus beliichten. Et ass e Comité de pilotage agefouert ginn, an ech si perséinlech der Meenung, datt mer hei net däerften domat rechnen, allze vill Abusen ze kréien. Ech mengen, d'Betribler hunn en Intérêt fir déi Leit, déi se hei kréien, wann dat gutt Leit sinn, datt se déi Leit och fest astelle wäerten. Dat ass e wichtege Faktor, fir d'Leit iwwerhaupt an d'Betribler eranzekréien, well mer wëssen, datt mer ganz dacks an enger ganz grousser Konkurrenz vis-à-vis vun eise Kolleginnen a Kollegen aus der Grenzregioun stinn.

Ech mengen, haut muss mer kucken, wa mer eisen Aarbechtsmaart analyséieren, datt mer an enger Zäit lieue vum europäesche Bannemaart, wou fräi Zirkulatioun vu Wueren a Persounen ass, wat mer guer net a Fro wäerte stellen, wou mer dach awer muss wëssen, datt eisen Aarbechtsmaart op ass, an datt duerfir d'Konkurrenz, fir en Job ze kréien, vill méi grouss ass.

Wa mer kucken, wéi héich datt de Chômage an de Grenzregiounen ass, ech hu mer déi Chifferen emol komme gelooss: A Rheinland-Pfalz si se op 6,2%, am Saarland op 7,8%, an der Lorraine op 9,2% an an der Wallonie op 15%. Et ass also kloer, datt am Kader vun esou enger Groussregioun mer ëmmer méi e groussen Drock hei op eist Land kréien. A wa mer dann och nach wëssen, datt de Chômage an Europa, insgesamt gesinn, am leschte Joer op iwwer 21,8, bal 22 Milliounen eropgaangen ass, datt am leschte Joer eleng fënnf Milliounen weider Leit an de Chômage komm sinn, esou wësse mer, datt op eise klengen Aarbechtsmaart, deen dach ëmmer nach en interessanten Aarbechtsmaart ass, virun allem och wat d'Rémunératioun an d'sozial Ofsécherung ubelaangt, datt den Drock do méi grouss gëtt.

Mir hunn also en Intérêt fir e System opzebauen, wou déi Leit, déi Résident sinn, méi interessant fir e Betrib ginn. An doranner gesi mer déi grouss Plus-value, wann de Stat hei hëlleft, wa Betribler Leit, déi Résident sinn, astellen, datt de Stat dann hëlleft deene Leit hir Gehälter zu engem Deel ze bezuelen, datt mer iwwert dee Wee dann och méi Résidenten an den Aarbechtsmaart kréien. A wann déi Leit sech gutt bewähren a gutt sinn, sinn ech iwwerzeegt, datt déi Patronen och en Intérêt hunn, fir déi Leit fest anzustellen.

Eis Frontaliere sinn an deene leschte Jore ganz vill éischter an Interimsgesellschaft gaangen - wat net esou an der Traditioun vun de Lëtzebuerger läit -, well se ebe woussten, wa se eng Plaz iwwer eng Interimsgesellschaft an engem Betrib kréien a se bewähre sech dann am Betrib, datt se dann och eng Chance hunn, fir an deem Betrib fest ugestallt ze ginn.

Ech gesinn och dat heiten e bëssen als e Wee, fir d'Leit an d'Betribler eranzekréien, an et hänkt dann un deem Einzelnen, fir ebe sech do ze bewähren. Ech kenne kee Betrib, wann en e gudde Mataarbechter huet, deen da seet: „Ech entloossen deen elo an ech huele mer en Neien eran, dee manner kascht.“ D'Betribler si frou, wa se gutt Mataarbechter kréien, an duerfir gesinn ech dat net esou schwaarz.

Ech sinn awer domadder averstanen, datt mer e Comité de pilotage maachen, deen déi Saach soll vun no suivéieren. Wann et Abusë gëtt, soll reagiert ginn. Dat Gesetz ass net gemaach, fir Abusen ze maachen. Mä ech géif et net iwwerbewäerten, well ech der Meenung sinn, datt hei awer d'Betribler sech och hirer Responsabilitéit bewosst sinn.

E Beispill, wat mer gemaach hunn: Ech mengen, et ass wichteg, datt mer an d'Aarbecht investéieren. De Chiffer: Et gëtt geschwat wat dee Projet hei kascht. Mir mussen och kucken, wat et kascht, wa mer déi Leit net an d'Aarbecht kréien, wa mer se an de Chômage kréien a mer mussen da Chômage bezuelen. Dat kascht eis och ganz vill, wahrscheinlech genau datselwecht, wa mer ënnert dem Stréch fäerdeg sinn, a mer hunn d'Leit net an der Aarbecht.

Mä et ass enorm wichteg, datt mer eng Politik maachen, datt mer d'Leit, a virun allem déi Jugendlech, esou fréi wéi méiglech an d'Aarbecht kréien, datt se gesinn, datt se gebraucht ginn, datt se kënnen beweisen, wat se kënnen, an datt se en Déngscht un der Leeschtung a sech och eng sozial Ofsécherung kënnen ginn an eng Existenz opbaue fir sech an hir Famill. Dofir ass et wichteg, datt mer déi Jonk versichen esou séier wéi méiglech an den Aarbechtsmaart eranzekréien.

Mir maache jo och datselwecht an de Moossnamen, déi mer virun de Wahlen hei decidéiert hunn, datt mer am Fong gesot hunn, datt d'Leit Kuerzaarbecht maachen, wann et de Betribler schlecht geet. Dat ass jo am Fong déiselwecht Logik, wou mer da soen: D'Leit sollen an de Betribler bleiwen, se sollen an Aarbecht bleiwen, och wa se manner verdéngen, mä se sollen am Betrib bleiwen. Wann d'Aarbechtsplaze bis eng Kéier ofgeschafft sinn, de Betrib zougemaach gëtt, da kommen déi Aarbechtsplazen ni méi erëm. Also hu mer alleguer en Intérêt, fir d'Leit an Aarbecht ze behalen, a mer hunn och en Intérêt, als Stat doranner ze investéieren, amplaz a Chômage ze investéieren.

Ech wëll awer och soen, datt mer bedauern, an do schlësse mer eis dem Avis u vun der Chambre salariale, déi am Fong zu Recht eiser Meenung no seet, datt Leit, déi en CATP-Ofschloss hunn, datt déi net kënnen vun deenen neie Moossnamen hei profitéieren, wat den CIE ubelaangt. Ech mengen, mir schwätzen alleguer ëmmer vun der Opwäertung vun der manueller Aarbecht, vum Handwierk. Hei wier eng gutt Geleeënheet gewiescht, fir och déi Leit op deen Niveau ze setzen.

Mä insgesamt, wéi gesot, stëmmt d'Rich tung vun dësem Projet, a mer wäerten, wéi gesot, dofir och dësem Projet zoustëmmen. Dat ëmsou méi en dréngenden Handlungsbedarf besteet. De Chômage, dee klëmmt, an déi Zäiten, wou Lëtzebuerg vun héijem Chômage verschount war, déi sinn einfach eriwuer. Mir sinn net méi e Musterknabe an där Hisiicht an Europa; am europäesche Verglach leie mer net méi bei deene Beschten, mä mer schaffen eis lues a lues an d'Mëttelfeld erof.

Et ass awer e Phänomeen hei zu Lëtzebuerg bis elo bliwwen, et kann ee bal vun engem Paradox schwätzen: Wa mer engersäits e staarke Wuesstem un Aarbechtsplazen an de leschte Joren haten, am Schnëtt kann ee bal soen 10.000 nei Aarbechtsplazen hu mer pro Joer geschaf, an trotzdeem ass op där anerer Säit de Chômage geklommen, esou stëmmt eppes un eise System net.

Mir hunn e staarkt Uwuesse kritt vun eise Frontalieren, wou mer frou sinn, datt mer se hunn, wou mer haut 140.000 Stéck hunn, déi hei an d'Land schaffe kommen. Mir hunn e staarkt Uwuesse kritt vun der Populatioun, an awer, op där anerer Säit, ass de Chômage an d'Luucht gaangen. Am Prinzip misst et jo esou sinn, wa Rekordzuelen un neien Aarbechtsplaze geschaf ginn, datt de Chômage am Fong misst erofgoen, ier mer missten nei Frontaliere siche goen oder Leit missten immigréieren.

D'Realitéit ass awer anescht, an et muss ee sech och duerfir d'Fro stellen: Firwat ass se anescht? Eiser Meenung no ass et un alleréischter Stell d'Schold vun der Schoulpolitik vun deene leschten zéng, 15 Joer.

Mir hunn alleguer d'PISA-Resultat zur Kenntnis geholl virun e puer Joer. Ech géif soen, de Chômage, dee mer haut erlieue bei de Jugendlechen, ass d'Confirmatioun vum PISA-Resultat. Iwwer Joren hu mer eng falsch Bildungspolitik gemaach, an et muss een och soen, datt déi meeschten Zäit an deene Joren eng Partei, nämlech d'CSV et war, déi responsabel fir d'Schoulpolitik hei am Land war. Haut kréie mer d'Quittung vun där Politik presentéiert, déi Leidtragend sinn déi Jugendlech.

E weidere Punkt ass d'ADEM, déi net mat Zäiten ugepasst ginn ass un déi Entwécklung. Mir hu jo alleguer déi Situatioun hei gesi kommen, an et ass dofir ze bedauern, obwuel et elo an der neier Sessioun ganz séier gaangen ass, mä datt net scho virun de Chamberswahlen den zoustänneg Minister seng Aarbecht gemaach huet.

Et ass, wéi den neien Aarbechtsminister den 20. dëses Mounts an enger Pressekonferenz gesot huet, an ech hunn d'„Lëtzebuerger Wort“ vum 21.10. hei leien - an am Fong ass et flott, datt eng Foto vun dem neien an dem alen Aarbechtsminister an der Mëtt vun deem Artikel ass, an deen alen Aarbechtsminister laacht och nach op der Foto -, a wann ech dann awer kucken, wat deen neie Minister seet: „Die Lage in den Arbeitsämtern, über die er sich in den vergangenen Wochen ein Bild gemacht habe, bezeichnete der frischgebackene Arbeitsminister gestern als katastrophal und unhaltbar.“

Méi eng schlëmm Datz kann ee praktesch sengem Virgänger net ausstellen. An da steet deen awer fein op der Foto, et ass eben e feine Mënsch anscheinend awer, well e steet da fein do ze laachen, wann en dee Virwurf do gemaach kritt. Et kann een also soen - an ech mengen, et huet elo kee Wäert, datt mer vill iwwert den Här Biltgen hei schwätzen, mir hunn em dat an de leschte Jore jo ëmmer erëm gesot -, datt en eis all Mount am Fong déiselwecht Ursaache gezielt huet. Ech hat mer eng Kéier hei de Spaass gemaach, iwwer e puer

Joer dat Revue passéieren ze loossen, datt en ëmmer erëm datselwecht an datselwecht gezielt huet, mä et ass keng Reaktioun komm.

Mir wënschen dofir dem neien Aarbechtsminister, datt en eng méi glécklech Hand huet, an datt en hei dann och elo reagiert op dat am Fong. D'Fakte si bekannt, déi huet de fréieren Aarbechtsminister eis iwwer zéng Joer hei erkläert. Also d'Fakte si bekannt, et muss elo just politesch reagiert ginn, fir datt mer, virun allem d'ADEM, datt mer déi besser an esou séier wéi méiglech reforméiert kréien.

Fir eis schénge et net esou wichteg ze sinn, déi Diskussioun, ob dat soll en Établissement public oder ob dat soll eng staatlech Verwaltung sinn. Mir hunn eis an eise Wahlprogramm kloer ausgeschwat, datt mir der Meenung sinn, et kënnt eng staatlech Verwaltung sinn, mä eng Verwaltung, déi niewent de Fonctionnairë sech awer déi Flexibilitéit gëtt, fir op kuerzfristeg Ännerungen - wéi mer se elo zum Beispill kennen, datt de Chômage staark an d'Luucht geet -, datt se do kënnen op Leit aus dem Privatsecteur zréckgräifen, fir eben do esou séier wéi méiglech ze reagieren, déi Flexibilitéit an d'Verwaltung eranzekréien, déi ee brauch, fir eben der Problematik ze begéinen.

Och wa mer haut Leit dosëtzen hätten, an engem Établissement public, a mer hätte se ënnert dem Privatbeamtestatut: Wa mer enger Persoun 600 bis 700 Chômeure vis-à-vis stellen, da kënnen mer hir e Statut gi wéi se wëllt, dann ännert guer näischt un der Realität. Et huet also näischt mam Statut a priori ze dinn. Et huet domat ze dinn, datt mer eng Administration de l'emploi hunn, déi funktionéiert, déi op déi aktuell Erausforderunge kann agoen, déi outilléiert ass, souwuel wat d'Infrastrukturen ubelaangt wéi wat d'Personal ubelaangt, déi do ka reagieren.

Et huet näischt mam Statut ze dinn. Duerfir menge mir, et sollt een do net e Scheingefecht maachen a mengen, et misst een hei iwwert de Statut schwätzen, a wann ee géif doraus en Établissement public maachen, dann hätte mer de Problem geléist. Domadder hu mer e guer net geléist. Mir mussen inhaltlech déi Verwaltung reforméieren a Leit zur Verfügung stellen, fir datt jiddwer Demandeur d'emploi eng individuell Betreierung ka kréien.

Ech mengen och, wat wichteg ass, dat sinn d'Zuele vum Chômage, wou mer och hei zu Lëtzebuerg net ëmmer de Courage hunn - géif ech soen -, fir einfach déi richteg Chifferen ze publizéieren. Déi eng Kéier maache mer d'Beschäftigungsmoossname mat dran, déi aner Kéier maache mer se net dran. Mä wa mer awer déi Leit kucken, déi am Chômage sinn an déi a Beschäftigungsinitiative sinn, do si mer am Abléck bei 16.000 Leit, déi mer hei am Land hunn.

Viru kuerzem war op der Televisioun eng Sendung „Kloertext“, wou déi Responsabel vun der ADEM vun 20.000 Dossiere geschwat hunn a gesot hunn: Mir wëssen net - wéi se sech ausgedréckt hunn -, wou déi 16.000 hierkommen, well mir hunn 20.000 Dossieren an der Betreierung. Ech hunn an deem Sënn eng Question parlementaire gestallt, an de Minister wäert eis dann och eng Kéier prezis Opklärung ginn iwwert d'Chifferen, déi mer dann hei bei der ADEM hunn.

Mir wëssen, datt déi Frontalieren, déi hei zu Lëtzebuerg entlooss ginn, net hei zu Lëtzebuerg an de Statistike gefouert ginn, mä an hire Länner gefouert ginn. Mä trotzdeem mengen ech, ass et awer en Aarmutszeugnis, wann déi Responsabel vun enger Verwaltung an enger öffentlicher Televisiounssendung aner Chifferen nennen, déi e gutt Stéck méi héich leien - 20, 30% méi héich leien - un Dossieren, déi si behandeln, wéi déi, déi mir all Mount virgeluecht kréien.

Madame Presidentin, de Problem vum Chômage. Dat Gesetz hei ass op ee Joer limitéiert, a mir däerfen net mengen, datt mer haut hei fir d'Lescht geschwat hunn. Ech sinn awer iwwerzeegt, datt et kee Joer



dauert, datt mer weider musse reagéieren, well de Chômage wäert opgrond vun der Situatioun, an där eist Land sech wirtschaftlech befënnt, och an deenen nächste Méint weider uklammen.

An ech mengen, och d'Kolleginnen an d'Kollegen, déi an der Finanzkommission waren, wou mer net méi spéit wéi d'lescht Joer matgedeelt kritt hunn, datt d'Baugenehmegunge quasi an de leschte Méint ëm 30% zrëckgaange sinn, nodeems se scho virdrun zrëckgaange waren, mer wësse ganz genau, wat dat fir Répercussionen op de Bau an d'Handwierk kritt.

Mir wëssen, datt déi an de leschte Méint ëm 30% zrëckgaange sinn, a mir wëssen och, datt dat an der Regel eent bis annerhalleft, heiansdo souguer zwee Joer dauert, bis Baugenehmegungen um Terrain spierbar ginn, dat heescht, datt ugefaange gëtt mat bauen. Esou weess een also, wann d'Baugenehmegungen esou massiv zrëckgaange sinn, datt mer an deenen nächste Méint a Jore wäerten och en drasteschen Abbruch an deem Secteur kréien.

Och wann de Finanzsektor am Abléck lues schéngt sech erëm aus dem Déif ze erhuelen; wat awer fir d'Statsfinanzen net dann onbedéngt bedeit, datt d'Recettë wäerte séier massiv do fléissen. Mä et bedeit awer, an anere Secteuren - a mer kennen alleguer déi Secteuren, déi direkt Industriesectoren sinn, déi vum Ausland ofhänken; ech denken do un d'Automobilbranche, déi och nach wäerten an deenen nächste Méint hei staark am Land ze leide kréien - musse mer wëssen, datt mer och am Bau an am Handwierk an deenen nächste Méint däerfte grouss Problemer kréien.

An hei, mengen ech, ass d'Regierung ëm Neits gefuerdert, net ze waarde bis déi Situatioun do ass, bis d'Betribler keng Aarbecht méi hunn an dann entweder Leit mussen entloossen oder masseweis am Bau an am Handwierk op Kuerzaarbecht zrëckgräfen.

Mä hei - an dat hu mer scho gesot - ass d'Regierung gefuerdert, elo am Kader vun hiren Investitiounen net onbedéngt a risegrouss Projeten ze investéieren, mä fir déi Suen, déi mer zur Verfügung hunn als Stat, an d'Ekonomie fléissen ze loossen, fir eis Entrepreneuren ze beschäftegen, datt een déi a priori och soll a Kleng- a Mëttelprojeten investéieren, fir esou flächendeckend duerch d'Land och eis Entrepreneuren an eis Handwierksbetribler beschäftegt ze kréien, an domadder eventuell ee Stéck kennen opzefänke vun deem, wat duerch d'wirtschaftlech Kris duerch manner Baugenehmegungen an deenen nächste Méint op déi Betribler zoukomme kéint.

Dat waren e puer Iwwerleeungen, déi ech vun eiser Säit wollt mat an dës Diskussioun erabréngen

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme le Président.**- Ech soen dem Här Gibéryen och Merci. Ech géif dann dem Här Hoffmann d'Wuert ginn. Dat war gutt getimed.

(**Interruption**)

Neen, neen. Ech sinn net esou streng.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Madame Presidentin, an esou kuerzer Zäit geet et wuel am beschte mat engem konkrete Beispill. Also, ech si Patron vun engem Spidol oder vun engem Alters- a Fleegeheem an ech bräicht eng Infirmière. Wann ech da mat engem normale Kontrakt esou eng Infirmière astellen, da kascht se mech esou jee no Kollektivvertrag ëm déi 3.000 Euro de Mount, plus 13. Mount, et cetera.

An da kucken ech mer emol dat Gesetz hei un. Do kann ech och eng Infirmière astellen an der Form vum Contrat d'appui-emploi. Déi kritt als Indemnitéit 120% vum onqualifizéierte Mindestloun mat Niveau Première, muss ee soen. An dovunner kréien ech als Patron 85% vum Beschäftigungsfong erëm. Si kascht mech also esou ëm déi 300 Euro de Mount.

Wann ech se jo no zwee Joer astellen, da kréien ech nach eng Kéier 30% vun hirer gesamter Indemnitéit. Déi zwee Joer Période d'essai - kënnt een dat jo vläicht nennen -, déi bréinge mer da mat deenen 30% Prime en Nettoboni vu bal 15.000 Euro. Nettoboni!

Bilan: Eng fest Astellung kascht mech déi zwee Joer iwwer 70.000 Euro; Kontrakt CAE, mat därselwechter Infirmière, bréngt mer e Boni vu bal 15.000 Euro. Madame Presidentin, wat géift Dir dann do a menger Plaz maachen?

► **Une voix.**- D'Infirmière bestueden.

(**Hilarité**)

► **Mme le Président.**- Ech géif déi Bescht huelen.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- En Abus maachen ech net, wann ech e Gesetz applizéieren. Mir sollen och net permanent vun Abusë schwätzen, well wouranner besteet den Abus, wann ech dat applizéieren, wat an deem Gesetz steet? Zu där Prime d'embauche, do léisst awer dann de Statsrot sech tatsächlech zu enger liicht ironischer Remarque hiräissen: „Le Conseil d'État observe qu'on saurait difficilement faire plus.“

Och nach eng Kéier dättelech dat hei: Wann ech déi Infirmière direkt mat engem normale Kontrakt astellen, da kréien ech déi Prime d'embauche natierlech net. Eigentlech misst et jo ëmgedrënt sinn. Eigentlech ginn ech penaliséiert oder diskriminéiert, wann ech direkt mat engem normale Kontrakt astellen, amplaz op d'Méiglechkeete vun deem Gesetz hei zrëckze-gräfen, wou ech dann herno souguer e Boni maachen. Onverständlech! Onverständlech!

Elo kréie mer gesot: Ech muss awer natierlech an deenen zwee Joer do eng Formation mat där Persoun maachen, an dat géif dann déi Prime do rechtfertegen. Ech muss awer soen: Och wann ech se net astellen herno, hunn ech d'Obligatioun vun där Formatioun, kréien déi Prime awer net, déi dann ongeblech iergendwéi duerch déi Formatioun soll gerechtfertegt ginn.

Iwwregens, a verschiddene Secteuren ass souwiso permanent eng Formatioun, eng Formation continue geregelt, och onofhängeg vun deene komesche Kontrakter do. A wou esou vill vum „lifelong learning“ geschwat gëtt, mengen ech eigentlech misst eng Formatioun iwwerhaapt ëmmer zu enger normaler Aarbecht gehéieren.

Dat Beispill vun der Infirmière, dat ass natierlech en arbiträert Beispill, et ass awer net esou ganz arbiträr. Dat kënnt Der duerch all Secteuren duerchdeklinéieren, fir all Employeuren, déi net Société commerciale sinn, mat deene 85% plus 30, also Gemengen, Crëchen, Affekotenétuden, Dokteschpraxen, Handwerksbetribler; wa se net Société commerciale effective sinn, mat alle Qualifikatiounen vum jonke Mënsch ouni Diplom bis zum Akademiker, ëmmer mat enger ähnlecher Bilanz wéi dat, wat ech elo virgerechent hunn.

Als Patron vun enger kommerzieller Gesellschaft kommen ech allerdéngs och net esou schlecht ewech. Do bezuelen ech ëmmer nach nëmme 50% vun där moerer Indemnitéit; dat geet mat 80% vum Mindestloun un. 50% vun där moerer Indemnitéit, a wann ech dann déi Persoun um Enn astellen, da bleiwe souguer nëmme 20% vun där moerer Indemnitéit, well ech jo dann erëm eng Kéier déi 30% Prime d'embauche kréien.

Kucke mer elo awer och d'Saach vun der Säit vum jonke Mënsch, an net vum Patron, deem hei Cadeau gemaach gëtt; vum jonke Mënsch, deen eng Aarbecht sicht. An deen, muss ech betounen, an deen déi Kontrakter hei muss unhuelen, wann e se proposéiert kritt, wann en net seng Indemnitéit de chômage wëllt verléieren. E kann also net einfach soen: Neen, ech wëll dat do net. Ech sichen op eng aner Aart a Weis.

Also bei deenen dräi Zorte vu Kontrakter - nach eng Kéier - verdéngt en ëmmer wäit ënnert sengem Qualifikationsniveau. Krass, wann och net nei ass fir een ouni Diplom oder mat Niveau CATP; ouni Diplom 80% vum onqualifizéierte Mindestloun. Dobäi wësse mer, dass hei zu Lëtze-

burg de Mindestloun schonn ënnert der Aarmutsgrenz läit. An déi dat betrëfft, 80% vum Mindestloun, dat si keng Bouwe vun 18 Joer - där sinn och vläicht derbäi -, mä dat kennen och Familljepäpp sinn. Dat kennen elengerzéiend Mamm si vun 28 Joer. An déi sollen also lieue mat 80% vum Mindestloun? Onverständlech!

An, dat ass och schonn hei gesot ginn: Wéi en Drock entsteet duerch esou Mesuren op d'Léin iwwerhaapt an op d'Aarbechtsverhältnissen iwwerhaapt? Ech si mat där ganzer Logik vun deem Gesetz net awerstanen. Net mat där Logik vu prekären Aarbechtsplazen op där enger Säit a Cadeauen un d'Entrepreneuren.

Ech gi sechs Amendementer eran an ech hunn natierlech net d'Zäit, se ze erläuteren, mä et steet awer all Kéiers e kleng Commentaire derbäi.

Wann ech gelift, Madame Presidentin.

Amendement 1

Les alinéas suivants sont supprimés:

Art. 1^{er} «(5) Sur demande du promoteur ... au moment de la demande»

Art. 1^{er} «(10) Sur demande du promoteur ... au moment de la demande»

Art. 5 «(2) Sur demande du promoteur ... au moment de la demande»

Commentaire:

Il s'agit trois fois de la même prime d'embauche de 30% de l'indemnité touchée par le jeune, prime qui n'a aucune justification.

1. Pour les employeurs qui n'ont pas la forme juridique de la société commerciale, ces 30% s'ajoutent aux 85% de remboursement de l'indemnité par le Fonds pour l'emploi et produisent donc, en cas d'embauche, un bénéfice net de 15% de cette indemnité. Pour les sociétés commerciales, elles réduisent la contribution de l'employeur à 20% de l'indemnité.

2. L'obligation de formation inscrite dans la loi ne justifie pas ce cadeau: la faible contribution de l'employeur à la faible rémunération suffit plus que largement à compenser son effort de formation. D'ailleurs, dans certains secteurs, la formation continue est de toute façon réglée. Le discours insistant sur le «lifelong learning» devrait impliquer que cette formation continue fasse partie intégrante de tout emploi.

3. L'employeur qui, au lieu de saisir l'opportunité avantageuse de la loi, engage directement sous la forme du Contrat à durée indéterminée, ne touche pas cette prime à l'embauche, ce qui revient à une discrimination voire une pénalisation difficilement compréhensible.

(s.) André Hoffmann, Claude Adam, François Bausch, Camille Gira, Viviane Loschetter.

Amendement 2

Art. 1^{er} (4) et (9)

Le libellé «touche une indemnité égale à quatre-vingts pour cent du salaire social minimum»

est remplacé par le libellé suivant:

«touche une indemnité égale à cent pour cent du salaire social minimum».

Commentaire:

1. En principe, aucun emploi ne devrait être rémunéré en dessous du salaire social minimum, censé être l'indispensable salaire pour pouvoir vivre dignement.

2. Il faut rappeler d'ailleurs que le salaire social minimum lui-même est inférieur au seuil de pauvreté.

3. Les «jeunes» auxquels s'applique cette loi, peuvent avoir jusqu'à 30 ans. Parmi eux donc aussi des pères de famille ou des mères monoparentales... On se demande comment ils pourraient vivre décemment avec seulement quatre cinquièmes du salaire social minimum.

(s.) André Hoffmann, Claude Adam, François Bausch, Camille Gira, Viviane Loschetter.

Amendement 3

1. Le premier alinéa de l'article 6 est remplacé par le libellé suivant:

«L'employeur est obligé, en cas de recrutement de personnel, d'embaucher par priorité l'ancien bénéficiaire d'un contrat d'initiation à l'emploi - expérience pratique, qui n'est pas engagé sous contrat à durée indéterminée.»

2. Après l'article 1^{er}, (10) il est ajouté un nouveau paragraphe (11):

«(11) L'alinéa 1 de l'article L. 543-25 est remplacé par le libellé suivant:

«Le promoteur est obligé, en cas de recrutement de personnel, d'embaucher par priorité l'ancien bénéficiaire d'un contrat d'initiation à l'emploi, dont le contrat est venu à expiration dans les trois mois qui précèdent celui du recrutement, et qui n'est pas engagé sous contrat à durée indéterminée.»

La numérotation subséquente est adaptée en conséquence.

Commentaire:

Selon les dispositions légales en vigueur et selon le nouvel article 6, seul le jeune «redevenu chômeur» dispose de la priorité d'embauche. Donc si, après son contrat, il s'est fait engager sous contrat à durée déterminée, il perd le bénéfice de cette priorité quoique, après l'expiration de son CDD, la probabilité qu'il se retrouve au chômage soit considérable. L'amendement vise donc à préserver cette priorité pour des jeunes sous contrat CDD.

(s.) André Hoffmann, Claude Adam, François Bausch, Camille Gira, Viviane Loschetter.

Amendement 4

Article 1^{er}, (6)

Cet alinéa est supprimé, et donc aussi la dérogation qu'il contient.

Commentaire:

L'article L. 543-16 en vigueur a la teneur suivante:

«Le contrat d'initiation à l'emploi est réservé aux promoteurs qui peuvent offrir au jeune une réelle perspective d'emploi.» Cette disposition renvoie donc à une certaine obligation d'embauche à la fin du contrat. La suspension de cette disposition invite à tous les abus. Voir aussi l'amendement 5.

(s.) André Hoffmann, Claude Adam, François Bausch, Camille Gira, Viviane Loschetter.

Amendement 5

Article 1^{er}, (9)

Cet alinéa est supprimé, et donc aussi la dérogation qu'il contient.

Commentaire:

L'article L. 543-19 en vigueur prévoit, en cas de prolongation du CIE, l'obligation de l'embauche par le promoteur «sous peine de remboursement au Fonds pour l'emploi des sommes perçues en application de l'article L. 543-21».

La suspension de cette disposition invite à tous les abus.

(s.) André Hoffmann, Claude Adam, François Bausch, Camille Gira, Viviane Loschetter.

Amendement 6

À l'article 12, 1.: À la fin de l'alinéa «(5) Le chef d'entreprise L'emploi expérience pratique» est ajouté la disposition suivante:

«Si le chef d'entreprise ne prend pas en compte l'avis de la délégation du personnel, celle-ci peut avoir recours auprès du ministre ayant l'Emploi dans ses attributions dans les conditions à fixer par Règlement grand-ducal.»

Commentaire:

La délégation du personnel est sans doute bien placée pour juger d'un abus éventuel. Or, si le chef d'entreprise doit l'informer et la consulter, son avis n'est pas contraignant. Il faudrait donc prévoir, sinon un droit de veto, au moins une possibilité de recours auprès du Ministre du Travail et de l'Emploi.

(s.) André Hoffmann, Claude Adam, François Bausch, Camille Gira, Viviane Loschetter.

► **Mme le Président.**- Merci.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Am Ennerscheed zu zwee Virriedner hei schätzenech d'Verhältnis tëschent deem alen an deem neien Aarbechtsminister e bëssen anescht an. Ech sinn der Meenung, dass deen alen Aarbechtsminister deem neien e fault Ee an de Kuerf geluecht hat. Dat huet sech nämlech och an der Kommissioun esou eigentlech erausgestallt. Mä amplaz et ewechzegeheien, wëllt en eis et dann hei verkafen. Mir net. Nee merci!

(**Hilarité**)



► **Mme le Président.**- Ech soen dem Här Hoffmann Merci an ech géif dann dem Här Spautz d'Wuert ginn.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Madame President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn: Hien ass schold um Chômage, hien ass schold, dass d'Leit net qualifizéiert sinn. Ech si frou, dass mir haut de Mëtteg hei op dëser Plaz de Schëllege vun der Weltwirtschaftskris fonnt hunn, an dat an der Persoun vum ehemolegen Aarbechtsminister, dem François Biltgen.

(Interruptions diverses)

Well wann ech lech alleguerten esou nogelauschtert hunn, hei op der lénker Säit, ass den Här Biltgen jo schold drun, dass de Chômage hei zu Lëtzebuerg deen ass, deen en ass, mä dann net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mä innerhalb der ganzer EU.

(Interruptions)

An et ass och den Här Biltgen, deen dru schold ass - e war zwar nach ni zoustänneg..., en ass zwar zoustänneg fir d'Heichschoul, awer net fir d'Berufsausbildung -, fir dass d'Leit hei am Land net qualifizéiert sinn.

Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, de Chômage am Allgemengen hei zu Lëtzebuerg war..., op dem 20. Oktober 2009 hate mer 15.000 Demandeurs d'emploi an 1.200 Offres d'emploi. Dat wëllt heeschen, mir hate 15.000 Leit, déi eng Aarbecht gesicht hunn, an et louchen 1.200 Offeren deem entgéint.

Wann een elo d'Entwécklung um Aarbechtsmaat kuckt, da stellt ee fest, dass 1982 hei zu Lëtzebuerg 182.000 Leit eng Schaff haten an op Datum vum September 2008 sinn et der 355.000. Dat heescht, hei zu Lëtzebuerg ass a puncto vum Aarbechtsmaat - den Här Bauler hat gesot, et huet sech alles verduebelt; 182.000 op 355.000 ass net grad eng Verdueblung, mä mir stelle fest, dass och an de Chifferen den Emploi hei zu Lëtzebuerg sech ronn verduebelt huet an deene Joren.

Ech wëll awer och nach eng Kéier ënnersträichen, Här Bausch, dass déi éischte Kéier...

(Interruptions diverses)

...zënter 2001 an der Period vum September 2007 bis den Abrëll 2008 zu Lëtzebuerg d'Zuel vun den Demandeurs d'emploi erofgaange war. An eréischt nodeem et 2008 - a mir wëssen et alleguer, och wa mir haut nach ëmmer Leit gesinn, déi net wëllen dru gleewen, dass mer eng Kris hunn, dass déi 2008...

(Interruption)

Enn 2008 ass d'Kris ugaangen.

(Interruption)

Wann alleguerten déi...

(Interruption)

Neen, Här Bausch, liest d'Chifferen eng Kéier no! Huelt emol den Avis annuel vum CES, huelt emol alleguer d'Avisen, déi d'Berufschamberen lech elo wäerte virleeë fir de Budget, an da kënnt Der déi Chifferen, wéi ech lech se elo hei soen, noliesen.

(M. Laurent Mosar reprend la présidence.)

Dat ass also, dass mer de Moment 15.000 Leit hunn, déi am Chômage sinn. Et muss een och wëssen, et dierf een hei, och wa mer haut de Mëtteg iwwert de Jugendchômage schwätzen, awer och d'Chômeuren am Allgemengen net vergiessen. An ech wëll och drun erënneren, dass jo net nëmme Moossname gemaach gi sinn, wéi een dat déi lescht Deeg esou héieren a gelies huet, fir déi Jugendlech, mä dass et och Moossname gëtt - fir déi Leit iwwer 50 war et am Ufank, duerno am Kader vun der leschter Legislaturperiod war et net méi 50+, mä do ass et 45+ ginn, wou d'Leit konnten Aides de réemploi kréien - déi kritt een och nach an anere Fäll, wou d'Patronen d'Sozialbäiträg nogelooss kréien -, wou och do Hëllef engebuede gi fir eis eeler Kolleegen, déi sech am Chômage befannen.

Haut zousätzlech, an d'Madame Loschetter huet et gesot, maache mer de 56+ oder bis, oder mir maachen eng Ännerung vun deem Gesetz 5611 vun 2006. Mat deem Ënnerscheed, den Här Schmit hat keng 10.000 Leit am Rousegärtche stoen, well anscheinend ass alles elo op eemol an

der Rei, an alleguerten déi Organisatiounen, déi 2006 fonnt hunn, dass et e Skandal wier, déi fannen dann elo, 2009, jo net méi, dass et e Skandal ass, mat Ausnahm da vum Här Hoffmann a vun der Madame Loschetter, well vun all deenen aneren hunn ech näischt méi gelies.

Ech stellen do fest, dass déi Jugendorganisatioun, déi menger Partei nosteet an ugehéiert, d'CSJ, schonn 2006 dat richtig gesot huet a gesot huet, ma mir brauchen déi Moossnamen, mä si misste vläicht nach e bësse méi perfektionéiert ginn; wat mer elo amgaang sinn ze maachen.

(Interruptions)

Ech wëll awer och soen, dass mat dëse Moossnamen, déi mer elo schafen, virun allem de Praktikum ervirgestallt gëtt. An de Praktikum, mengen ech, ass eng ganz wichteg Saach. Well wa mer emol an der Press d'Beruffsaannoncen zielen a gesinn, wat esou als Emploi gefrot gëtt, ass do ëmmer de Wonsch, Berufserfahrung zielt. Mir brauche Leit mat minimum zéng Joer Berufserfahrung. Et muss een och wëssen, wat um Aarbechtsmaat leeft.

Dofir ass et wichteg a gutt, dass et elo dëse Praktikum gëtt an domadder mer deene Jugendlech eng Méiglechkeet ginn, och spéiderhin an e festen Job ze kommen.

An et ass och richtig, dass et eng Krisemoossnam ass; dofir ass dat jo och bis op den 31. Dezember 2010 blockéiert. An da musse mer kucken, wéi d'Analys sech ergëtt a wéi och d'Weltwirtschaftskris - den Här Biltgen ass jo net méi zoustänneg fir den Aarbechtsmaat, dann ass bis dohin - net jo och d'Kris um Aarbechtsmaat sécherlech eriwuer -, ob mer dann nach mussen eng Verlängerung vun deem Gesetz maachen oder net.

Ech wëll mer awer och nach erlaben, e Wuert ze soen zu deene Saachen, déi hei gesot gi sinn iwwert d'ADEM. Jo, ganz kloer: Mir brauchen eng Reform vun der ADEM. Diskutéieren ech guer net. Ganz kloer: Mir brauche méi Personal op der ADEM.

► **Une voix.**- Aaahhh!

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Diskutéiere mer och net. An d'Madame Loschetter huet et gesot, de Projet de loi 5611 hat virgesinn, dass zéng nei zousätzlech Plazen op der ADEM géife geschafe ginn, virun allem an deem Beräich, deen deemools bei de Mesurë gemaach ginn ass.

Mä ech huele jo awer och un, dass alleguerten déi Politiker, déi heibanne sëtzen, och d'Prozedur kennen. Wa mir hei décidéiert hunn an e Gesetz gestëmmt hunn, dass zéng Aarbechtsplaze bäikommen an iergendenger Statsverwaltung, dann ass dat net mat der Publikatioun vum Gesetz, dass déi zéng Aarbechtsplazen dann och do sinn. Da kënnt fir d'éischt en Numerus clausus, da gëtt emol déi Plaz ausgeschriwwen. Da fir Fonctionnaires ze kréien, hunn ech nach eng Kéier nogefrot am Ministère vun der Fonction publique, da gëtt emol do fir d'éischt en Examen ausgeschriwwen an do kënnen alleguerten déi Leit sech mellen, déi wëllen. Da gëtt gekuckt, wéi vill Leit den Noexame kréien oder och net. An eréischt wann déi Leit dann definitiv agestallt ginn, hu mer se a) fonnt, mä da kënnt awer nach eng aner Prozedur, da gi se nach fir d'éischt op den INAP oder op den IFA, deemno ob et beim Stat oder Gemeng ass, an eréischt duerno sinn déi Leit voll asazfäeg.

An dofir: Alleguerten déi Leit, déi elo mengen, vun haut op muer wier d'Situatioun geléist, wa mer décidéieren, mir géife siwe Leit astellen, ass et richtig, mä da musse mer elo schonn déi Leit astellen an eis bewosst sinn, dass mer net d'nächst Joer bei der Analys kënne soen, elo missten déi zéng Leit jo dann och alleguerten operationell sinn.

An da wëll ech och soen...

(Interruption)

Gelift, Här Hoffmann?

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Sinn déi zéng dann awer do?

(Interruption)

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Ah, déi zéng si geholl ginn, mä si sinn awer am Kader vun der Direktioun - huelen ech emol un -,

well dat ass normalerweis d'Aufgabegebitt net vun Minister. De Minister gëtt der Administratioun de Posten an duerno ass et d'Administratioun, déi se asetzt.

(Interruption)

An déi huet se vläicht net an deenen Domänen agestallt. Mä déi zéng Poste sinn do bei der ADEM.

(Interruptions)

Da bei der Beschäftegung wëll ech awer och nach soen...

(Brouhaha)

Bei der Beschäftegung eleng wëll ech awer och soen, dass dat jo awer och net d'Responsabilitéit eleng ka si vum Aarbechtsminister. Mä och de Wirtschaftsminister muss hei sensibiliséiert ginn, fir bei den Employeuren ze implizéieren, dass mer och systematesch nei Aarbechtsplaze kréien.

(Brouhaha général)

► **M. le Président.**- Also, ech hätt elo gär, mir géifen alleguer dem Här Spautz nolauschteren!

(Interruptions diverses)

► **Une voix.**- E provoziert!

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Här President, e provoziert eis!

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Et ass d'Fro, wie wie provoziert, mä dat mécht awer elo näischt.

Da musse mer et och fäerdeg bréngen, dass mer méi massiv op déi aarbechtspolitesch Instrumenter, déi mer hunn, zréckgräifen, dass och d'Betribere wëssen, wat alles vun Hëllef en do ass, wat fir eng Hëllef se kënne kréien, fir d'Situatioun um Aarbechtsmaat kënnen ze verbessern.

Et ass prioritär d'Situatioun, um Lëtzebuerger Aarbechtsmaat erëm eng besonnesch an eng kloer Saach hierzustellen, an dass et net ka weidergoen, dass ëmmer méi Leit riskéieren an de Chômage eranzersuchen.

Dofir ass et och noutwendeg a wichteg, dass mer Leit hu mat der néideger Qualifikatioun, mat der néideger Kompetenz. An déi eng kréien hir Kompetenz doduerch, dass se an der Schoul direkt hiren néidegen Diplom kréien, déi néideg Formatioun kréien, an déi aner Kolleeginnen a Kolleegen - an dat ass bedauerlech, dass der ëmmer méi d'Schoul ofbrieche respektiv ouni Diplom aus der Schoul erauskommen -, dass mer deene mat dëse Mesuren d'Méiglechkeet ginn, och eng Formatioun ze kréien, well nëmmen esou hu si och eng Chance, um Aarbechtsmaat kënnen ze bestoen.

De Succès awer vun dëse Moossnamen, wou de Roger Negri virdrun de Rapport virgestallt huet, hänkt eleng elo vun der sozialer Verantwortung of vun deene Betribere, déi och bereet sinn, innovativ Stageplazen ze schafen an zur Verfügung ze stellen, well si och dofir, d'Viviane Loschetter seet et, Sue kréien.

Mä ech mengen, et ass wichteg, a mir sinn et eiser Jugend schëlleg, dass mer alles ënnerhuelen, fir dass si d'Méiglechkeet kréien, a) eng Qualifikatioun ze kréien an och b) a Beschäftegung eranzekommen.

Der Jugend och an der heiteger Zäit eng Chance ginn, ech mengen, dat muss de Prinzip si bei dëse Mesuren, an ech géif hoffen, dass déi zwee, déi bis elo gesot hunn, déi eng Fraktioun an eng Gruppéierung, déi bis elo gesot hunn, si géifen deem Gesetz d'Zoustëmmung net ginn, dass déi sech dat nach eng Kéier iwwerleeën am Intérêt vun deene jonke Leit, fir och deene jonke Leit eng Zukunft ze gi fir muer.

Ech soen lech Merci.

(Brouhaha)

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Spautz Merci. Als leschte Riedner ass den Här Lucien Lux agedroen. Här Lux, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, wann den Här Negri als Rapporteur geschwat huet, prezis an ëmfaassend wéi ëmmer, dann huet et kee Wäert méi, laang op Moossnamen, op Detailer nach eranzegeen. Mir hunn an der Kommissioun dräimol eis Zäit geholl, fir iwwert déi Moossnamen ze diskutéieren, an hien huet dat

hei de Mëtteg, wéi och schréfflech, gutt erëmginn.

Ech zéien aus där Debatt de Mëtteg hei emol eraus, dass mer eis driwwer eens sinn, dass et noutwendeg ass, e Stat ze hunn, deen net d'Daumen dréit an esou enger extraordinärer Situatioun, mä e Stat ze hunn, deen agéiert. Ech zéien draus eraus, dass mer sensibel sinn an dësem Moment, dass schnell muss agéiert ginn, an ech mengen, dass et heibanne kee gëtt, deen de Monopol huet vun der Sozialverträglechkeet oder der Sensibilitéit vun deene Moossnamen, déi haut virgeluecht gi sinn an déi mer diskutéieren.

Iwwregens erënnert ee sech drun, dass mer a sech säit, ech mengen 1978, éischt e Gesetz iwwer Beschäftegungsmoossnamen extra fir Jonker, ëmmer an därselwechter Logik agéiert hunn, wéi mer et haut och erëm eng Kéier diskutéieren. Mir haten ëmmer an deene leschten 20, 30 Joer Moossnamen. Si hunn eng Kéier DAT geheescht, si hunn CAT geheescht, si hunn herno CIE oder CAE geheescht, si hunn Hëllef geheescht fir prezis Kategorien, déi mer ënnerstëtzt hunn.

Mir hunn also ëmmer un d'Adress vun de Patronen a vun de Betribere Aidë ginn als Stat, aktiv, sou wéi de Sozialstat sech versteet, fir ze hëllef, an enger extraordinärer Situatioun derfir ze suergen, dass mer en Input géife ginn, dass mer Incitatif géife ginn, fir dass d'Leit, hei an dësem Fall jonk Leit, géifen agestallt ginn.

Wat de Mëtteg gesot ginn ass, ech deelen dat, vun alle Säiten. Dëst ass e Projet wéi all déi virdrun an deenen 30 Joer, e Projet vu Chancen a vu Risiken. Déi eng gleewen un d'Chancen an déi aner fäerte méi d'Risiken.

Mir gleewen un d'Chancen. Mir gleewen drun, dass dëse Projet eng Rei vu Gardefouen nei schafft, fir derfir ze suergen, dass d'Kontrolle besser stattfannen, derfir ze suergen, dass d'Sozialpartner an de Betribere an um nationale Plang sech méi involvéiert fillen, fir d'Kontroll vun deene Moossnamen hei ze maachen an ze agéieren, wann et abusiv Situatiounen gëtt, géint déi ee muss virgoen.

Wann ee sech dräi Froe stellt: Déi éischt: Erfuerdert déi aussergewöhnlech Situatioun, déi mer am Moment erliewen, aussergewöhnlech Moossnamen? Gëtt et heibannen een, deen dann net „Jo“ ka soen?

Ass et dann net evident, dass, wann een héiert um Niveau vun der ADEM, dass d'Débouchéen an deene prezise Kategorië vu Jonken, wou mer haut schwätzen, am Moment bal bei null leien, dass um Niveau vun den Offres d'emploi bal keng Offeren do virleien, dat eis dozou incitéiert, fir derfir ze suergen, dass mer eng Moossnam huelen, déi an der Zäit begrenzt ass bis den 31. Dezember 2010, an dann de Législateur, dat heescht d'Chamber an alle Fäll muss erëm eng Kéier délibéréieren, fir ze kucken: Wéi huet d'Situatioun sech da bis Enn nächst Joer entwéckelt? Ass et noutwendeg, déi Moossname weiderzeféieren oder dat net ze maachen?

Ech wëll och soen, ech hunn net richtig verstanen, wat d'Madame Loschetter drënner verstanen huet, wéi se gesot huet, et wär bedauerlech, dass d'Gewerkschaften an deem heiten Dossier gezwonge gi wären, roueg ze sinn.

Ech kennen...

(Interruption)

Dach, genau sou hunn ech mer et opgeschriwwen; gezwonge gi sinn, roueg ze sinn...

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Neen, sech gezwonge fillen.

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- Sech gezwonge fillen, roueg ze sinn.

(Interruptions)

Ech froe mech wierklech, wou de groussen Ënnerscheed ass an där Bemierkung, dass d'Gewerkschaften, déi an hirem Avis vun der Chambre des Salariés ganz kloer gesot hunn, dass se d'Philosophie vun deem Projet de loi hei approvéeieren, dass se wéi



jiddwereen och natierlech Crainten hunn an dofir drop pochen an hirem Avis - an do hu se eng Rei vu Propositione gemaach -, drop pochen, dass een effektiv eng gutt Kontroll muss hu vun deene Moosnamen, déi hei stattfannen, am Comité de pilotage, an den Entreprisë selwer.

An ech muss och soen, dass se och dat gemaach hunn an dat geschriwwen hunn, wat evident ass, nämlech d'Prioritéit muss an alle Fäll - an dat ass säit 1978 bei CATen a bei DATen, a wéi all déi Moosname geheet hunn, ni anescht erschied - , d'Prioritéit muss déi sinn, dass dat heiten eng Passerelle ass, eng Bréck ass, déi mer bauen, fir dass déi jonk Leit do an den definitiven Aarbechtsmaart kommen. A wann ee säit 1978 dat analyséiert, muss ee feststellen, dass eis dat zum gréissten Deel och gelongen ass.

Ech si mat der Madame Loschetter d'accord, dass mer effektiv déi Moosname méi déifgrënneg mussen analyséieren vun 2006, wéi dat eleng mat enger Statistik geschitt ass.

Mä trotz allem muss ech awer feststellen, dass, wann ech gesinn, dass vun deenen 331 Jonker an engem CIE der 57% duerno en definitiven Aarbechtskontrakt an deem Betrib kritt hunn an dass och 43% vun deene Kontrakter am CAE-Beräich en definitiven Kontrakt an deem Betrib hunn, dann ass et eis awer bei ville jonke Leit gelongen, déi eis Merci soen, dass mer Incitatif ginn hunn, fir dass Patronen an esou enger schwieriger Situatioun wierklech eng Ennerstëtzung kréien, déi erlaabt, dass jonk Leit iwwert déi Passerelle an iwwert déi Bréck kënnen goen, fir an den normalen Aarbechtsmaart eranzekommen.

Da stellt sech d'Fro: Ass dat e Cadeau fir d'Betriber oder ass dat eng aktiv Ennerstëtzung fir déi jonk Leit? Doriwwer kënnen mer philosophéieren bis haut den Owend Mëtternuecht. Tatsaach ass, mengen ech, dass all déi jonk Leit, déi iwwert dee Wee vun den Incitativen do gehollef kritt hunn, eis sécherlech wäerte Merci soe fir déi Ennerstëtzung do kritt ze hunn.

An déi zweet Fro, déi ech lech géif stellen, dat ass déi, an dat hunn, mengen ech, bal all Riedner de Mëtteg hei gesot: Muss Beschäftigungspolitik méi si wéi dee Projet de loi, dee mer de Mëtten diskutéieren?

Evidenterweis jo! Evidenterweis jo muss et méi sinn. An dofir hu mer bei der Regierungserklärung scho virun e puer Wochen heidriwwer diskutéiert, dass deen Triptyque aus Wirtschaftspolitik, Éducatiouns- a Formatiounspolitik, an op där anerer Säit da Beschäftigungspolitik, dass dee méi enk matenee muss verzahnt ginn, och d'Propos gemaach, fir déi „task force“ anzesetzen tëschent deenen dräi Ministèren, fir Woch fir Woch a Mount fir Mount derfir ze suergen, dass déi Aarbechtsplazen, déi geschafe ginn, dass mer och déi néideg Aarbechtskräften, déi néideg Qualifikatiounen hunn, fir dass déi jonk Leit och vun deenen Débouchée kënnen profitéieren.

An dat gëllt, an ech soe fir déi, déi hei e bësse parteipolitesch doriwwer polemiséiert hunn: Mir huele mat deenen dräi Ministeren an der Économie, an der Éducatioun an och am Travail deen do Défi gären op eis, fir an deenen nächsten zwee, dräi Joer eis wierklech all Moment an all Woch an all Mount anzesetzen derfir, dass mer dat Dräiecksverhältnis do, dass mer dat fäerdeg bréngen, fir eng gewësse Souveränitéit erëm iwwert den Aarbechtsmaart hei zu Lëtzebuerg ze kréien.

Ech mengen, dass d'Éducatiounsministesch net nëmme an deene grouse Reforme vun der École fondamentale a muer dem Postprimaire, mä och um Niveau vun der Formatioun an der Formation continue derfir suergt, dass dat geschitt.

A wa virdrun hei vu menge Virriedner Zuele genannt gi sinn, da wëll ech nëmme déi Zuel nennen, dass d'Wirtschaftspolitik vun der leschter Legislaturperiod, vun 2004 bis 2009, effektiv 55.942 nei Aarbechtsplazen an deem Land kreéiert huet.

An ech wëll lech soen, Här Hoffmann, dass dat - wa mer vis-à-vis vun deenen anere Länner eng Tromp hunn, déi nach ëmmer gëllt - dat ass, dass mer kee prekären Aarbechtsmaart hunn, dass dee ganz groussen Deel vun deenen Aarbechtsplazen do Contrats à durée indéterminée sinn, dass mer et ëmmer fäerdeg bruecht hunn, um Niveau vum Aarbechtsrecht derfir ze suergen, an dat och an Zukunft wäerte maachen, dass mer en Aarbechtsmaart hunn, deen net prekär ass.

Just nëmme do, wou d'Incitatif sinn, do, wou mer versichen, d'Passerellen an d'Brécken ze bauen, dass mer do op déi Moosnamen heiansdo musse Contrats à durée déterminée oder Stagë maachen, ass evident, mä eisen Aarbechtsmaart kennzeechent sech virun allem doduerch, dass mer an deene leschte Joren, ech hunn et genannt, iwwer 50.000 nei Aarbechtsplaze geschaf hunn.

Ech weess net, ech wäert dat awer muer de Moie kontrolléieren, ob, wéi esou oft, Är Kommentaren, déi Dir hei gemaach hutt, zwar gutt kléngen, mä awer mat de Realitéiten oft näischt ze dinn hunn. Ech weess net, ob bei deenen 1.000, ronn 1.000 CIE-Kontrakter, ob do vill Infirmiëren derbäi sinn. Ech mengen, dass jiddefalls dat Beispill do laanscht de Realitéiten ass. Hei, um Lëtzebuurger Aarbechtsmaart, an de Spideeler, ginn Infirmiëren agestellt mat engem Contrat à durée indéterminée, kréie se d'Geleeënheet ze profitéieren vu Loun- an Aarbechtskonditiounen aus engem Kollektivvertrag, deen normalerweis exzellente Konditiounen huet. Ech mengen, dat ass d'Realitéit hei um Lëtzebuurger Aarbechtsmaart. Dir hutt vun e puer Ausnahme geschwat. Op jidde Fall ass dat net d'Realitéit um Niveau vun Infirmiëren, deem Beispill, wat Dir genannt hutt.

An da sécherlech - an ech hunn dat bewonnert, soen ech lech -, ech hunn et bewonnert, dass deen neien Aarbechtsminister sech net dohinnergestallt huet am Ufank vun der Legislaturperiod an eis mat der Reforme vun der ADEM op iergendeen Datum verträischt huet, op iergendeen Datum, deen am Laf vun deser Legislaturperiod soll kommen, mä dass e sech selwer ënner Drock gesat huet a sech d'Moyenen dofir gëtt, fir derfir ze suergen, dass bis de Juni d'nächst Joer, wéi en et gesot huet, e Projet de loi, e Reformkonzept fir d'ADEM virläit. Ech mengen, esou gëtt Politik gemaach, dass an enger Situatioun, wou et noutwendeg ass, mer derfir suergen, dass mer net nëmme déi Strukturreform maachen, mä dass mer natierlech och déi néideg Qualifikatiounen an dat néidegt Personal kréien.

Well effektiv, ech mengen, deen Dommste versteet, dass, wann e Placeur sech ëm 6, 7, 800 Dossiere soll këmmen, dobäi keng aktiv a proaktiv Beschäftigungspolitik erauskënnt, doriwwer brauche mer net ze schwätzen, dat versteet jiddwereen dobaussen. Duerfir ass et, mengen ech, noutwendeg, dass d'Regierung, fir ebe just deem ze entgoen, wat de Kollege Spautz elo grad gesot huet, net nëmme de Wee eleng geet iwwert den Numerus clausus, mä dass mer eis hei méi fantasievol mussen lwwerleunge maachen, wéi mer Joint Ventures kënnen maachen, fir dass mer Know-how an dass mer Personal kréien, fir déi Lutte, déi do ze maachen ass, Dag fir Dag, fir d'Leit ze placéieren, dass mer derfir musse suergen.

Eng drëtt a lescht Fro, déi ech wëllt stellen - dat ass déi, déi den Här Hoffmann eis déi nächst zwee Joer jiddefalls emol nach wäert stellen -, dat ass déi: Ass dëst kompatibel mat de Prinzipiën vum Sozialstat? An ech soen och do ganz däitlech, ouni iergendwéi e Brin vu schlechtem Gewësen, dass dat heite kompatibel ass mat deem, wat d'Roll ass vun engem Stat, engem Sozialstat, deen eng aktiv Roll ze spillen huet, deen net nokuckt, wann d'Situatioun um Aarbechtsmaart sech détérioreert, deen net nokuckt, wann d'Situatioun vu jonke Leit sech verschlechtert, mä d'Moyenen an de Grapp hält, fir mat de Betriber Partnerschaften ze bilden, fir hei méi eng aktiv Situatioun ze kréien.

Wéini, wann net elo an enger Krisesituatioun, ass de Sozialstat gefuerdert, fir Moosname wéi déi hei op den Dësch ze leeën? Ech mengen, et huet e Kollege hei virdrun et och gesot, léiwer investéieren,

och wann Dir dat nach dräidausendmol Cadeauen un d'Betriber nennt, léiwer investéieren an déi 11, 12, 13 Milliounen, fir dass jonke Leit d'Passerellesméiglechkeet an den definitiven Aarbechtsmaart besuergt gëtt, wéi domadder Chômagegeld ze bezuelen. Ech mengen, dass dat d'Roll ass vum Sozialstat, fir an déi Richtung ze goen.

Ech wëllt zum Schluss nach, opgrond vun de Propose vun der Chambre des Salariés, eng Motioun deponéieren, fir zrëckzekommen op eppes, wat scho genannt ginn ass, och vum Rapporteur Roger Negri selwer, nämlech déi Noutwendegkeet eng Formule ze fanne fir e Contrat-type beim CIE-EP, fir dass aus dem Ministère versicht gëtt voluntaristesches esou e Kontrakt auszuschaffen, deen effektiv dann erlaabt, uniformiséiert Regele fir all d'Entreprises ze ginn.

Datselwecht gëllt fir de Certificat - och do déi Proposition vun der Chambre des Salariés, vun deenen, déi schonn eng Rei vu Propositionen an hirem Avis konkret a konstruktiv gemaach hunn -, an Zesummenaarbecht natierlech mat der ADEM an de Chambres professionnelles derfir ze suergen, dass mer hei e Certificat kréien, deen, mengen ech, och an engem CV vun engem Jonken herno eng Chance bedeit.

A mir setzen op d'Chancen, net nëmme op d'Risquen, op déi musse mer all Dag oppassen, mä mir setzen op d'Chancen, och mat där Motioun, fir derfir ze suergen, dass jonk Leit an deenen nächste Wochen a Méint vun deem Stat hei konkret gehollef kréien.

Merci.

Motion

La Chambre des Députés,

- considérant que le projet de loi 6068 vise à remédier de manière efficace et rapide à un nouveau phénomène, à savoir le chômage des jeunes détenteurs d'un diplôme secondaire, secondaire technique ou postsecondaire;

- soulignant que le projet de loi sous rubrique vise à donner aux jeunes de réelles perspectives d'insertion sur le marché de l'emploi;

- considérant qu'il est prévu que le Comité permanent du travail et de l'emploi (CPTÉ) procédera à une évaluation des dispositions du projet de loi 6068 au plus tard six mois après l'entrée en vigueur de ce dernier, de sorte que le CPTÉ sera en mesure, via son comité de pilotage tripartite, de suivre les évolutions du système, de s'assurer du bon déroulement de celui-ci et d'éviter d'éventuels abus;

- prenant en considération que le projet de loi sous rubrique oblige l'employeur à délivrer au jeune à la fin de la mesure un certificat de travail sur la nature et la durée de l'occupation et sur les formations suivies;

invite le Gouvernement

- à élaborer un modèle-type de contrat, dans le souci d'une uniformisation et d'une harmonisation du contenu de chaque CIE-EP;

- à développer, avec les services de l'ADEM, un certificat standardisé à remettre aux jeunes à la fin de la mesure, facilitant les démarches dans le cadre de la recherche d'un emploi et renseignant sur les compétences acquises par le jeune en mesure.

(s) Lucien Lux, Léon Gloden, Roger Negri, Marc Spautz, Vera Spautz.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Lux Merci, an elo kritt d'Wuert den Aarbechtsminister Nicolas Schmit.

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.** - Här President, ech mengen an deser Debatt si vill konstruktiv a positiv Iddien ervirbruecht ginn. Et ass och, mengen ech, e gudd Moment, elo am Ufank vun deser Legislaturperiod, e kloert Signal ze stellen. Dat kloert Signal ass dat vum Emploi. Well ech mengen hei ronderëm déi ganz Chamber, wann ee freet, wat ass d'Suerg vun eis alleguerten, dann ass d'Suerg vun eis alleguerten, d'Prioritéit vun eis alleguerten den Emploi, d'Beschäftigung.

Mir brauchen also net laang driwwer ze philosophéieren, ob mer dëst Gesetz elo esou gebraucht hätten oder anescht gebraucht hätten. Mir hu missen agéieren,

elo, direkt, well d'Chifferen, ech wëll net méi laang drop agoen, déi ginn e Signal. Här Gloden, och wa mer net deen „big rush“ haten, deen effektiv gefaart ginn ass, ass trotz allem d'Situatioun seriö, d'Zuele weisen et. Wa vun engem Joer op dat anert 580 jonk Leit bis 26 Joer méi ageschriwwen sinn an der ADEM, wa praktesch, wann ech déi jonk Leit bis 30 huelen, 29,6% vun eisen Demandeurs d'emploi jonk Leit, also bis 30, sinn, da weist dat also ganz kloer, datt do e Besoin ass. An dat ass kee fault Ee, wéi dat esou schéi gesot ginn ass, wat do an de Kuerf geluecht ginn ass. Et ass...

(Interruption)

Jo, et ass eng Ébauche, a mir hu weider un där Ébauche geschafft. An ech muss soen, déi Ébauche, déi ass concertéiert diskutéiert ginn, Madame Loschetter, mat de Gewerkschaften, bis d'Finalisatioun vun deem Projet. An duerfir hu mer jo och eng Rei Elementer an deem heite Projet, wéi Dir en och elo ëmmer nennt - d'Chifferen, déi verhalen ech souwisou net -, déi verbessert gi sinn. Duerfir ass et awer e bëssen eng aner Orientatioun wéi dee Projet, op deen Dir lech ëmmer referéiert.

Fakt ass, datt mer hu missen agéieren, oder wien hätt, wie géif d'Responsabilitéit huelen, deene jonke Leit ze soen, aus welleche Grënn och ëmmer, ideologeschen oder wat fir engen aneren: „Et deet ons leed, dir hat Pech. Dir faalt an eng Kris. Dir musst elo waarden, bis der eng Aarbechtsplaz hutt.“ Well...

(Interruption)

Jo, waart emol nach, ech sinn nach net fäerdeg.

► **M. François Bausch (déi gréng).** - Gitt eis emol d'Zuele vum 5611, wéi d'Madame Loschetter se gefrot huet, da wéisste mer emol, vu wat mer iwwerhaapt géife schwätzen.

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.** - Dir hutt déi kritt an der Kommissioun. Dir musst se och nach liesen.

► **M. François Bausch (déi gréng).** - Neen, neen, dat ass net wouer. Déi Zuelen...

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.** - Ech muss lech just soen, Dir sidd entweder e bëssen en retard d'une crise oder Dir schwätzt wierklech net en connaissance de cause. Well, leider...

(Interruption)

Dir kënnt dat elo bedauern oder net. Ech bieten lech elo...

► **M. le Président.** - Entschëllegt, et ass elo just de Minister, dee schwätzt. Wann een dem Minister wëllt eng Fro stellen, da soll e sech mellen, fir him eng Fro ze stellen.

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.** - Ech muss lech just soen: Wie schaaft d'Aarbechtsplazen an der Wirtschaft? Dat sinn d'Betriber. Soss keng aner. Elo kann een dat bedauern, wéi vläicht den Här Hoffmann dat bedauert, oder Dir ufänkt dat ze bedauern. Mä d'Aarbechtsplaze ginn an de Betriber geschaf, wou souguer nach méi experimentéiert Ekonomiste wéi Dir, Här Bausch, soen, datt et säit 1929 déi gréisste Kris ass, déi mer bis elo haten, da musse mer ebe feststellen, datt momentan och hei zu Lëtzebuerg d'Betriber net méi déi Aarbechtsplaze säit e puer Méint schaffen, déi se virdru geschaf hunn. Do hu mer d'Pann, an do ass de Problem.

Elo seet d'Madame Loschetter: Mir mussen déi Jonk „empoweren“. Dat ass e schéint Wuert, „empoweren“. Mä mir hunn et sécher mat Leit ze dinn, déi net „empowered“ sinn, déi vläicht net richteg orientéiert sinn. Mir hunn et awer och elo mat Leit ze dinn, déi absolut „empowered“ sinn, déi ganz gutt Studië gemaach hunn, déi mat Diplomer, mat Qualifikatiounen a mat Formatiounen op den Aarbechtsmaart kommen.

Mä wat fanne se? Si fannen eng ganz Rei vun Entreprises, déi soen: Et deet ons leed, mir sinn an enger grousser Wirtschaftskris, an eis Maison mëre erlaabt ons momentan net, weider Leit hei zu Lëtzebuerg anzestellen. Dat ass d'Realitéit.



Elo kënne mer ons mat där Realitéit offannen an nach eng Kéier deene Jonke soen: Da waart elo bis d'Wirtschaftskris eriwwer ass, an da kritt dir och vläicht eng Chance. Mä ech gesinn d'Politik net an esou enger Logik. Ech gesinn d'Politik esou wéi dat gesot ginn ass. Ech gesinn de Sozialstat an enger Logik, wou gehandelt gëtt a wou no Léisunge gesicht gëtt, fir deene jonke Leit eng Dier opzemaachen.

Zum Beispill, mir si vun engem Mount op deen anere vun 109 op 203 Leit gaange mat Universitätsdiplomen, déi an der ADEM ageschriwwen sinn. Elo ass dat awer net déi komplett Realitéit, well et gëtt vill Leit, déi, wa se hiren Diplom hunn, da waarde se a se kucken. Si siche selwer. Si gi sech net op d'ADEM aschreiwen.

Ee Wuert zur ADEM. Ech hunn natierlech mat vill Interessi héieren, wat do dríwwer gesot ginn ass. Et war scho bal en Débat iwwert d'ADEM, mä ech hoffen, datt mer deen Débat hunn. Ech stelle mech deem Débat. Ech mengen, ech wëll d'ADEM reforméieren, mä mir wëssen alleguerten, datt mer iwwerrascht gi si vun deem schnellen Ustieg vun dem Chômage.

Dofir ass et och do wichteg, datt mer ganz schnell déi Reformen an der ADEM maachen an der ADEM déi Moyenë ginn. Ech hunn d'Mesurë scho geholl, an net fir siwen oder aacht oder zéng Leit der ADEM méi ze ginn; hei geet et ëm ganz aner Chifferen. An ech wäert mech net zefridde ginn, bis déi Leit agestellt sinn, operationell sinn.

Mä ech si mer awer och bewosst - wéi verschidde Kollege gesot hunn; den Här Spautz -, datt, wa mer déi Leit haut oder muer hunn - an ech mengen, et muss een do e bësse méi innovativ sinn, wéi reng iwwert de Statsconcours, esou wéi den Här Lux dat och richtig gesot huet, ze goen -, da brauche mer trotz allem Zäit, ier mer déi Leit 100%eg operationell gemaach hunn a se och kënne do gebrauchen, wou se absolut mussen elo agesat ginn.

Ech ginn och net esou wäit, datt ech déi Diploméiert an déi Netdiploméiert ee géint deen aneren ausspillen. Ech mengen, mir hunn e Problem vu Leit, déi net qualifizéiert sinn. Mir hunn e Problem vu jonke Leit, déi Schulabbrecher sinn. Mir hunn e Problem vu jonke Leit, déi net déi richtig Qualifikatiounen hunn. A mir wäerten ons ganz intensiv och mat deem Problem vun de Qualifikatiounen ausenanersetzen, an enker Zesummenaarbecht mat dem Ministère de l'Éducation an och mam Ministère de l'Économie.

Mä ech muss soen, fir déi Leit, déi elo net qualifizéiert sinn, do muss mer d'Moyenë verbessern. Mir mussen d'Offer vun de Formatiounen verbessern. Et gëtt ëmmer geschwat wéi wa mer näischt géife maachen. Dëst Joer zum Beispill hu mer 366 Contrats d'apprentissage pour adultes ofgeschloss. Do handelt et sech ëm relativ jonk Leit, déi effektiv keng Formatioun hunn an déi sech awer bewosst gi sinn, datt se nëmme iwwer eng Formatioun, iwwer e Contrat d'apprentissage de Wee an eng besser a méi sécher Aarbechtsplaz erëm fannen.

(Interruption)

Dat ass also eng offensiv Beschäftigungspolitik. Hei ass en Deel dervun. Et ass eng Facette dervun. Et ass e Plan d'urgence, wéi ech gesot hunn. Fir speziell Zäite brauche mer och speziell Mesuren. An dat hei ass esou eng Mesure.

Et ass och gesot ginn: Majo, elo gëtt eppes fir déi Jonk gemaach, wéini gëtt dann eppes fir déi méi Eeler gemaach? Natierlech hu mer e grouse Problem och vun dem Chômage vun de sougenannte Senioren; wou een net méi weess, wéini datt schonn den Alter vum Senior ufänkt.

Mir mussen ons also ganz konkret deem Problem unhuelen. Ech wëll dat maachen an deenen nächste Méint, mat den Entreprises kucken, wat fir méi contraignant Mesurë sech imposéieren, fir datt d'Leit net einfach esou hir Aarbecht verléieren, an och, wéi mer déi Mesuren - Aide au réemploi an anerer, d'Cotisation an esou weider - elo besser a méi geziilt kënne asetzen.

Et ass also net: Mir maachen eppes fir déi Jonk a mir loossen déi Al op der Säit. Ech mengen, et wär absurd, dat esou ze ge-

sinn. Mir mussen also ons Instrumenter och fir déi Kategorië richtig asetzen.

D'Schlagwuert vun der Précarisierung. Natierlech ass dat eng Realitéit, datt an enger Gesellschaft d'sozial Précaritéit, souguer an enger Lëtzebuerger Gesellschaft, sech breitmécht. Mä wat ass dann eigentlech déi schlémmste Précaritéit? Wat ass déi schlémmste Précarisierung? Ass dat dann net emol virun allem de Chômage?

E jonke Mënsch oder en eeleren, peu importe, deen an de Chômage kënnt, oder iwwerhaupt net de Wee an d'Aarbechtswelt fënnt, dat ass deen, deen d'Précaritéit um eegene Leiw am brutalste fillt. Dat ass deen, deen all Dag opsteet a sech freet, wat eigentlech seng Plaz an der Gesellschaft ass.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.**- Do sinn also Problemer, déi mer mussen ugoen. An dorop gëllt et net mat ideologesche Konzepter ze äntwerten.

► **M. François Bausch (déi gréng).**- Haalt dach emol op!

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.**- Neen. Do muss mer...

► **M. François Bausch (déi gréng).**- Haalt dach nëmme op!

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.**- Ma Dir...

► **M. François Bausch (déi gréng).**- Dir wëllt déi Saachen net héieren. Dat ass alles.

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.**- Neen, ech kann alles héieren. Mä Dir, Dir sidd an engem Glashaus.

► **M. François Bausch (déi gréng).**- Dat ass net wouer.

(Hilarité)

Dir souzt laang an engem Glashaus, vill ze vill laang. Dat gesäit een lech of.

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.**- Ech wëll lech just soen: Dat ass déi reell Précaritéit. Duerfir dierfe mer ons absolut net an esou Débaten eraloossen, fir elo Ängschten ze provoziéieren. Dee jonke Mënsch, deen elo en CIE oder en CIE-EP kritt, oder en CAE, deen huet eng nei Perspektiv, well dee kënnt an d'Aarbechtswelt. An dat hutt Dir, Madame Loschetter an Här Bausch, net verstanen, well dee weess...

► **M. François Bausch (déi gréng).**- Deen Eenzege, deen hei näischt verstanen huet, dat hu mer entre-temps verstanen, dat ass ganz kloer...

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.**- Dat sidd Dir wahrscheinlech net; ech och net.

► **M. François Bausch (déi gréng).**- Neen, mä Dir hutt dat awer elo grad gesot.

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.**- Neen. Mä dat sinn déi Leit, déi kommen an en Aarbechtsverhältnis. Déi léieren eng Entreprise vu banne kennen, an déi hunn eng reell Chance.

► **M. François Bausch (déi gréng).**- Mir wäerten an dräi Joer Äre Bilan zéien heirobber, wat Der haut stëmmt. Da gesi mer dat.

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.**- Déi hunn eng reell Chance, sech an der Aarbechtswelt ze behapten an och durablement...

► **M. François Bausch (déi gréng).**- Denkt drun, datt hei alles niddergeschriwwen gëtt, wat Der sot.

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.**- Jo, dat gëtt jo alles, Här President, niddergeschriwwen.

► **M. le Président.**- Also, ech wär frou, wann Der dem Här Schmit géift elo emol nolauscheren. Jiddwereen, deen nach herno wëllt intervenéieren, kann dat nach maachen. Mä elo huet emol den Här Schmit d'Wuert.

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.**- Abusen, ee Wuert derzou. Wann een natierlech ëmmer d'Abusë fäert, da bleift ee vu lauter Angscht doheem sëtzen an et agéiert een net. Mir hunn hei Précautiounen geholl, fir Abusen ze évitéieren. Mir hu souwuel d'Delegatiounen an de Betriber ageschalt, dat stoung net an deem ale Projet, mir hunn e Contrôle iwwer e Comité de suivi fir den CIE-EP agefouert. Ech hu gesot, de Comité permanent du Travail et de l'Emploi gëtt no sechs Méint mat deem Problem befaasst, a mir kucken dann, wéi d'Evolutioun vun deene Kontrakten ass.

Dat ass also déi éischt Etapp an der Evaluatioun. Dir schwätzt ëmmer vun Evaluatioun. Mä ier een evaluéiert, muss een emol eppes maachen. Ech sinn awer d'accord, datt d'Evaluatioun vun onse Politiken e wichtige Bestanddeel vun dese Politiken ass. Well et muss ee kënne, wann een evaluéiert huet, heiansdo och Kurskorrektur maachen.

Mir hunn elo an deem hei Projet eng lichte Kurskorrektur gemaach, mä ech huelen hei ganz kloer d'Engagement, datt mer déi Mesurë wäerte seriö suivéieren iwwert de Comité de suivi, datt mer se evaluéieren. An ech versprechen lech - och lech, Här Bausch -, datt Dir déi Resultater...

► **M. François Bausch (déi gréng).**- Dir braucht eis net ze versprechen, mir wäerten lech dorun erënneren.

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.**- Jo, jo, ech weess dat. Mä duerfir, ech huele kee Risque, well ech weess, wat ech wëll maachen.

► **M. François Bausch (déi gréng).**- Jo? Ma dat sot Dir. Dir wësst, wat Dir wëllt maachen. Mä wat derbäi erauskënnt, dat ass eng aner Saach.

► **Une voix.**- Ooohhh!

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.**- Dat gesi mer jo nach.

► **Une autre voix.**- Oh neen!

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.**- Also maache mer do ganz kloer déi Evaluatioun. Mä Evaluatioun eleng ersetzt keng Mesuren, déi de Chômage bekämpfen.

Ee Wuert iwwert déi Motioun. Ech kéint déi absolut unhuelen. Ech mengen, do sinn zwee wichteg Bestanddeeler, fir och d'Sécurité juridique vun deene Mesuren ze verbessern, souwuel de Contrat standard wéi och dee Certificat, deen déi jonk Leit solle kréien, déi sollen unifiéiert sinn. Déi sollen also déi nämlech fir jiddweree sinn.

Ech kann déi Kritik vum administrativen Opwand net esou 100%eg akzeptéieren. Ech fannen, mir hu besonnesch elo versicht, deen administrativen Opwand ze reduzéieren. Dat ass besonnesch de Fall beim CIE-EP, well méi einfach wéi de System vum CIE-EP, wou eng Entreprise eng Offer op e Site setzt an e Jonke mat senge Qualifikatiounen eng Plaz sicht, an da sollen déi zwee sech iergendwou fannen op engem Site, méi einfach geet et eigentlech net als administrativ Démarche, fir en Job ze fannen.

Nun ass gesot ginn... Elo muss ech natierlech op dat interessant Rechercheispill vum Här Hoffmann kommen. Also, ech muss jo leider soen, mat allem Respekt, Här Hoffmann, deen ech fir lech hunn, dat ass eng absolut Schulmädchenrechnung,...

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Sot eis et.

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.**- ...déi aller Realitéit...

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Sot eis.

(Interruption)

► **M. Lucien Lux (LSAP).**- Eng Milchmädchenrechnung.

(Hilarité)

► **Une voix.**- Et ass eng Milchjungenrechnung.

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.**- Ech muss just soen, dat ass jo ganz interessant, mä et ass aller Realitéit friem.

Wéi den Här Lux lech gesot huet, esou e Kontrakt mat engem Spidol an enger Infirmière géif jo ni akzeptéiert ginn. Well de Punkt ass jo deen - an Dir hutt et selwer gesot -, dee Jonken, deen ass obligéiert, wann en esou e Kontrakt offréiert kritt vun der ADEM, dee Kontrakt ze huelen. Dir wäert jo awer net mengen, datt mir vum Ministère respektiv vun der ADEM an esou eng Logik vun esou engem Kontrakt géifen eragoen an eng Infirmière op dee Wee an engem Spidol géifen ustellen.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Dat heescht, dee kritt dann net d'Chance op eng Aarbechtsplaz, wéi Der virdru sot?

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.**- Et ass also absolut absurd. Ech mengen, wann ee Beruff gutt Chancen huet op Aarbechtsplazen, da sinn et wahrscheinlech d'Infirmiären. Et ass also net seriö, wat Der do sot, well esou e Kontrakt géif einfach ni zustane kommen.

Ech géif als Schluss soen: Déi Mesuren, déi réüsséieren nëmme dann, wann natierlech am Endeffekt d'Betriber matspillen. Ech mengen, den Här Spautz huet gesot: Mir brauchen d'sozial Responsabilitéit vun de Betriber. Ganz kloer brauche mer d'sozial Responsabilitéit vun de Betriber. Duerfir muss mer elo onsen - elo hoffen ech, mech net erëm ze iren an deenen Expressiounen - Pilgerstab huelen,...

► **Une voix.**- Ech mengen, dat war richtig.

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.**- War dat richtig? Très bien.

► **Plusieurs voix.**- Aaaahhh!

► **M. Lucien Lux (LSAP).**- Dir schéngt dovun am meeschten ze verstoen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.**- Do verstinn ech méi wéi vum Rescht.

(Hilarité)

...fir effektiv de Betriber déi Mesuren iwwerhaupt nozebréngen. Well an enger Kris ass et net esou, datt d'Betriber elo drop sprangen. Mir muss se ganz oft iwwerzeegen, op dee Wee mat ons ze goen an deene jonke Leit eng Chance ze ginn, déi Talenter, déi elo vun de Schoule kommen, anzustellen. Ech gesinn och mat Vertrauen, datt aus deene Kontrakter vun zwee Joer maximum och definitiv Kontrakter ginn. Mir mussen déi jonk Leit an d'Aarbechtswelt, an Aarbechtsverhältnisse erakréien.

Formatioun jo, mä ëmmerhi Formatioun, firwat? Formatioun fir herno eng Schaff ze hunn. Well Formatioun fir d'Formatioun, dat féiert néierens. Dat féiert och nach ëmmer an de Chômage. An ech mengen, dat ass d'Leçon, déi mer an dësem Gesetz mussen huelen.

Ech géif soen, et ass e bëssen e Pari. Jo, mir huelen dee Pari, well d'Zukunft vun de jonke Leit, déi läit eis um Häerz. A mir wëllen net, datt déi Generatioun vun dësem Joer oder vum nächste Joer eng Génération sacrifiée - wéi emol ee gesot huet - gëtt. Duerfir kann ech nëmme all déi apprécieieren, déi dese Projet ënnerstëtzen, hinne Merci soen. Ech stinn absolut - dat kann ech lech versécheren - zur Evaluatioun. Ech stinn och derzou, datt mer d'Konklusiounen zéien, a wa mer zur Konklusioun kommen, datt mer mussen eppes änneren, ech sinn net deen, dee géint all Ännerung wier.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Aarbechtsminister Merci. Den Här Hoffmann freet nach eng Kéier d'Wuert.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Fënn Minutten.



► **M. Xavier Bettel** (DP).- Dir hutt elo méi Zäit wéi virdrun.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Just d'selwecht.

Här President, also ech zitëieren: Dir wäert dach net mengen, mir géifen engem Spidol oder engem Fleegeheem erlaben als Minister, esou e Kontrakt ze maachen! Mir wäerten et an allen anere Fäll erlaben, mä bei enger Infirmière, do wäerte mer et net erlaben. Dobäi wësse mir, Infirmière ginn effektiv gefrot.

Ech hunn dat Beispill net duerch Zoufall gewielt. Mir sinn am Moment konfrontéiert mat engem Sozialkonflikt, deen Der alleguerte kennt. An do geet et ëm Rémunérationen.

Ech däerf de Minister och vläicht opfuere, emol ze kucken, wat hei zu Lëtzebuerg schonn a verschiddene Fleegeheemer geschitt, och bei deene Fleegeheemer, déi net Société commerciale sinn. Wat do geschitt? Do gétt et der, déi sech opbaue scho mat Leit mam RMG, déi se näischt kaschten. Also, ech muss lech éierlech soen, wann ech mat engem kommerzielle Rasonnement, och wann ech net Société commerciale sinn, e Fleegeheem leeden an ech hätt gär Benefiss doraus, da muss ech mer dat Gesetz ukucken an da muss ech mech awer ganz staark zrëckhalen, fir net op déi do Méiglechkeeten zrëckzegräifen.

Ech mengen, Dir hätt lech och widder-sprach beim Beispill vun der Infirmière. Well Dir hutt gesot: Mir wäerten dat do dach net bei enger Infirmière erlaben. Virdrun hutt Der gesot: Mir mussen deene Jonken dach onbedéngt ëmmer eng Chance ginn. Dat heescht also, wann e Fleegeheem un lech eruntrëtt an dee seet: Mir wëllen esou e Kontrakt ënnerschreien, mat wéi engem Argument sot Der dann deem: Neen, Dir däreft dat net huelen, Dir musst dat direkt astellen? Dir hutt keng Méiglechkeet, se ze obligéieren.

Ech soen och dofir - do ginn ech lech Recht -, Abusen, hei gétt et iwwerhaapt keng Abusen. Ech hunn zwar och a mengen Amendementer deen Ausdrock gebraucht, well dat verständlech ass. Et gétt am Fong geholl keng Abusen. Jiddweree kann aus enger reng ekonomescher Logik eraus op dat Gesetz do zrëckgräifen.

Wat d'Evaluatioun betrëfft, Här Minister, oder Här President fir den Här Minister, et ass eng Mini-Evaluatioun - huet d'Madame Loschetter scho gesot, mengen ech - gemaach gi vum Ceps. E wichtegen Aspekt, deen awer an där Evaluatioun vun 2006 gemaach ginn ass, ass hei net gemaach ginn. Nämlech wat geschitt mat deenen, déi net um Enn vun deene Kontrakter embauchéiert ginn?

An do huet d'Evaluatioun vun 2006 vun deemselwechte Ceps, déi vill méi ausféierlech ass, gewisen, dass déi, déi keng Embauche kréien um Enn vum Kontrakt, manner Chance hunn um Aarbechtsmaart, wéi wa se esou e Kontrakt net gehat hätten. Dat lëcht och an. Well wa se sech beméien ëm eng Aarbechtsplaz an da schécke se hire Curriculum vitae: Wou war ech da virdrun? Ma ech war - kommt, mir bleiwe beim Fleegeheem - an engem Fleegeheem, ech hunn d'Plaz awer net kritt. - Ah sou, dat wäert jo do en Hannergrond sinn, wann s de se net kritt hues. Si hunn also och do un Zuele gewisen, déi ech net kann iwwerpräiwen, awer Ceps ass e seriöt Institut, dass dat mat deene positive Resultater net esou stëmmt.

An dann, Här President, en retard d'une crise - je regrette - wierklech, wierklech en retard d'une crise, ausgerechent Dir, déi an der Krisenzäit aus engem alen ënneschten Tirang e Rezept erëm eraushuelt, dat elo schonn zënter 20 Joer an där do Logik ugewannt gétt. Mir stelle fest, während deenen 20 Joer wüsst hei zu Lëtzebuerg mat klengen Ennerscheeder d'Aarbechtslosegkeet weider. Mat där Logik vu Patronen e klenge Cadeau maachen an dee Jonken incitéieren oder quasi zwéngen, well dat ass et hei, dann esou Kontrakter unzehuelen.

Dir précariséiert d'Aarbecht. Dir sot einfach: Dat ass net esou. Dir sot einfach: Sozialstat.

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- ...55.000 Aarbechtsplazen an iwwer 90% dovunner Contrats à durée indéterminée. Ass dat Précariséierung vum Aarbechtsmaart déi lescht fënnef Joer?

(Interruptions)

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Ma, Här Lux, Dir äntwert mir op eppes, wat ech net gesot hunn. Ech hunn net gesot, zu Lëtzebuerg géif et nëmme prekär Aarbechtsplaze ginn. Ëm Gottes Willen!

► **M. Lucien Lux** (LSAP).- Et géif een awer bal mengen, wann een lech nolauschtert.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Här President, mat deenen hei Mesuré schafe mir nei Kategorië vu prekären Aarbechtsplazen, déi begleet si vun enger mir wierklech onverständlecher Subventionéierung vun deene Betriber, öffentleche Betriber. Ech betounen, och „öffentleche Betriber“, well bei deene 85%, do si jo och déi öffentlech derbäi. Eng Subventionéierung, déi mir eigentlech onverständlech ass.

An dann däerf ee jo froen: Wann dat do d'Logik ass, wéi geet et da weider? Huele mer emol un, 2010, d'Kris ass net eriwwer, si geet weider. D'Aarbechtslosegkeet wüsst weider.

► **M. le Président**.- Här Hoffmann, Dir misst esou lues awer zum Schluss kommen!

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Ech wollt och elo zum Schluss kommen.

Dann heescht dat also: D'Prime d'embauche erhéije mer vun 3.000 op 5.000 Euro; 80% Mindestloun setze mer erof op 50% Mindestloun; dat heescht, ëmmer mat därselwechter Logik. Denkt lech emol einfach eng aner aus, tout simplement!

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Ech soen dem Här Hoffmann Merci a mir géifen dann elo zum Vote vum Projet de loi kommen. Mir hunn awer eng Rei Amendementer vum Här Hoffmann kritt, iwwert déi mer fir d'alleréisch mussen ofstëmmen.

Ech géif froen, ob den Här Hoffmann d'accord ass, datt mer par main levée iwwert déi Amendementer ofstëmmen. Dat schéngt de Fall ze sinn.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Neen. Ech froen de Vote...

► **M. le Président**.- Dir frot de Vote électronique?

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Jo.

Vote sur l'amendement 1

► **M. le Président**.- Da stëmme mer iwwer Vote électronique a mir fänken u mam Amendement 1 iwwert d'Artikelen 1, Alinea 5, 1, Alinea 10, an den Artikel 5, Alinea 2. De Vote fänkt un.

(Interruption)

Iwwert d'Amendementer. Amendement 1. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

Den Amendement 1 ass verworf mat 51 Nee-Stëmmen, géint 8 Jo-Stëmmen.

Résultat définitif après redressement: l'amendement 1 est rejeté par 52 voix contre 8 voix.

Ont voté oui: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. François Bausch), Camille Gira (par Mme Viviane Loschetter), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

M. André Hoffmann.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies (par M. Lucien Thiel), Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Martine Mergen), Raymond Weydert et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia

Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen) et Fernand Kartheiser.

Vote sur l'amendement 2

Da stëmme mer elo of iwwert den Amendement 2. Dat ass en Amendement, deen iwwert den Artikel 1, Alinea 4 an Alinea 9 geet. De Vote fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

De Vote ass ofgeschloss, an den Amendement 2 ass verworf mat 52 Nee-Stëmmen an 8 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. François Bausch), Camille Gira (par Mme Viviane Loschetter), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

M. André Hoffmann.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies (par M. Lucien Thiel), Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Martine Mergen), Raymond Weydert et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Jean Colombero) et Fernand Kartheiser.

Vote sur l'amendement 3

Da stëmme mer elo iwwert den Amendement N°3 of, och nach eng Kéier vum Här Hoffmann, iwwert den Artikel 6 an den Artikel 1, d'Alineaen 10 an 1, Alinea 11. De Vote fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

De Vote ass ofgeschloss, an den drëtten Amendement ass verworf mat 51 Nee-Stëmmen, géint 8 Jo-Stëmmen.

Résultat définitif après redressement: l'amendement 3 est rejeté par 52 voix contre 8 voix.

Ont voté oui: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. François Bausch), Camille Gira (par Mme Viviane Loschetter), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

M. André Hoffmann.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies (par M. Lucien Thiel), Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Martine Mergen), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Marc Spautz);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Jean Colombero) et Fernand Kartheiser.

Vote sur l'amendement 4

Mir stëmmen dann elo of iwwert den Amendement N°4, och nach eng Kéier vum Här Hoffmann, iwwert den Artikel 1, Alinea 6. De Vote fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

De Vote ass ofgeschloss, an den Amendement 4 ass verworf mat 51 Nee-Stëmmen, géint 8 Jo-Stëmmen.

Résultat définitif après redressement: l'amendement 4 est rejeté par 52 voix contre 8 voix.

Ont voté oui: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. François Bausch), Camille Gira (par Mme Viviane Loschetter), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

M. André Hoffmann.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies (par M. Lucien Thiel), Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Martine Mergen), Raymond Weydert et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen) et Fernand Kartheiser.

Vote sur l'amendement 5

Da stëmme mer elo of iwwert den Amendement 5, och vum Här Hoffmann, iwwert den Artikel 1, Alinea 9. De Vote fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote ass ofgeschloss.

Den Amendement N°5 ass verworf mat 52 Nee-Stëmmen, géint 8 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. François Bausch), Camille Gira (par Mme Viviane Loschetter), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

M. André Hoffmann.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies (par M. Lucien Thiel), Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Martine Mergen), Raymond Weydert et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen) et Fernand Kartheiser.



Vote sur l'amendement 6

An da stëmme mer schlussendlech of iwwert dee leschten Amendement, den Amendement N°6, och nach eng Kéier vum Här Hoffmann, iwwert den Artikel 12. De Vote fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

Den Amendement 6 ass verworf mat 52 Nee-Stëmmen, géint 8 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. François Bausch), Camille Gira (par Mme Viviane Loschetter), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

M. André Hoffmann.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies (par M. Lucien Thiel), Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Martine Mergen), Raymond Weydert et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen) et Fernand Kartheiser.

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de gesamte Projet de loi 6068.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel (Interruptions)

Neen, d'Motioun huele mer duerno. De Vote fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6068 ass ugehall mat 52 Jo-Stëmmen, géint 8 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies (par M. Lucien Thiel), Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Martine Mergen), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Marc Spautz);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen) et Fernand Kartheiser.

Ont voté non: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. François Bausch), Camille Gira (par Mme Viviane Loschetter), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Motion 1

An da komme mer hei och nach zur Ofstëmmung vun enger Motioun. Ech hu verstanen, datt d'Regierung déi géif wëllen unhuelen. Kënne mer dann do par Vote à main levée ofstëmmen?

(Négation)

Dir hätt gär e Vote électronique. Da stëmme mer mat engem Vote électronique doriwwer of.

Vote sur la motion 1

De Vote geet un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

D'Motioun 1 ass ugehall mat 52 Jo-Stëmmen, géint 1 Nee-Stëmm a 6 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies (par Mme Christine Doerner), Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Martine Mergen), Raymond Weydert et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen) et Fernand Kartheiser.

A voté non: M. André Hoffmann.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Camille Gira (par Mme Viviane Loschetter), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter.

Wëllt ee seng Abstentioun begrënnen? Dat schéngt mer net de Fall ze sinn.

Da komme mer elo zum Projet de loi 5856 iwwert d'Hospitalisation sans leur consentement de personnes atteintes de troubles mentaux. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madame Mergen, den Här Wagner, d'Madame Err, den Här Huss an den Här Colombero. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorerabel Madame Claudia Dall'Agnol. Madame Dall'Agnol, Dir hutt d'Wuert.

7. 5856 - Projet de loi a) relatif à l'hospitalisation sans leur consentement de personnes atteintes de troubles mentaux, b) modifiant la loi modifiée du 31 mai 1999 sur la Police et l'Inspection générale de la Police et c) modifiant l'article 73 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

► **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP), rapportrice.**- Merci, Här Präsident, fir d'Wuert. Dir Häre Ministeren, Dir Damen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kollegen, mam Projet de loi 5856, do schafe mer d'Gesetz vun 1988 relativ au placement des personnes atteintes de troubles mentaux, dat mer schonn zweemol, fir d'lescht Enn 2006, geännert hunn, of, a votéieren hei en neit. Dëst, fir datt dat Gesetz net duerch ze vill Amendementer onleschbar a komplizéiert gëtt, mä awer och a virun allem fir eng Rei punktuell, mä essenziell Modifikatiounen ze maachen, déi ausféierlech am Exposé des motifs, am Commentaire des articles an awer och a mengem schrëffleche Rapport beschriwwen sinn an déi ech probéieren elo kuerz ze erläutern.

D'Aufgab vun der Politik, déi muss et sinn, eng Psychiatrie ze ënnerstëtzen, déi no bei de Leit ass, mä awer och kann effizient schaffen. En éischte Schrëtt dozou war d'Dezentralisatioun, dat heescht, datt net méi den CHNP zu Ettelbréck zoustänneg ass fir d'akut Psychiatrie, mä véier allgemeng Spideeler. Dëst ass ouni gréisser Problemer um Terrain geschitt.

Et sinn och zënter dem Gesetz vun 2006 eng ganz Rei aner Saachen um Terrain gelaf, notament goufe méi Plazen an Dagesentre geschaf, wat gutt an och noutwendeg war.

Den CHNP huet och eng Unitéit fir Jonker a Schwierigkeete geschaf a kann zënter der Dezentraliséierung senger Missioun vun der Rehabilitatioun besser gerecht ginn.

Woufir dann awer elo en neit Gesetz? Ma d'Haaptinnovatioun besteet doran, aus der Placementsdécisioun, dat heescht, wou de Mënsch - ech soen hei express nach net Patient - agewise gëtt, aus där Décisioun eben eng Décision judiciaire ze maachen.

Bis elo war et esou, datt den Direkter vum Spidol oder de Responsabele vum Service Psychiatrie aus dem Spidol eben déi Décisioun muss huelen. An och, wann et hei eng ganz Rei Garantië gëtt, fir datt keng Abusë solle geschéien, esou ass den aktuelle System awer och net ouni Kritiken ze gesinn. Zum Beispill kéint den Direkter vun engem Spidol dozou verleet ginn, Patienten opzehuelen, fir seng Bette voll ze kréien; och wann dat doten natierlech éischter hypothetesch ze gesinn ass.

D'Fro kann ee sech awer och stellen, wéi e Patient soll Vertrauen ebe genau zu deem Dokter opbauen, Vertrauen, wat awer essenziell wichteg ass fir seng Genesung, ebe genau zu deem Dokter, deen en agewisen huet.

Eng Étude comparative am Opdrag vun der Europäescher Kommissioun an ausgefouert vum Mannheimer Zentralinstitut für psychische Gesundheit, déi huet festgestallt, datt an der grousser Majoritéit vun de Länner des Décisioun vum Placement eben eng gerichtlech ass.

Vu datt et hei ëm d'Fräiheet vum Mënsch geet respektiv et drëms geet, déi Fräiheet eben ewechzehuelen, a wann et vläicht och nëmme fir eng ganz kuerz Zäit ass, esou gëtt eng gerichtlech Décisioun dach méi Garantië géint Abus oder och arbiträr Décisiounen.

Déi zweet Innovatioun vum Gesetz, dat mer herno hoffentlech unanime kënne stëmmen, handelt ëm déi onfräiwëlleg medezinesch Behandlung.

Dat aktuell Gesetz seet doriwwer näischt, ausser a sengem Artikel 38, wou iwwert den Traitement expérimental geschwat gëtt, respektiv Traitementer, déi irréversibel Schied am Gehier kéinte provozéieren.

Wann iwwert déi onfräiwëlleg Behandlung diskutéiert gëtt, dann ass dat ee vun deene klaseschen Themen, wou et ganz kontrovers Positiounen gëtt. Et gëtt der, wou derfir sinn, an et gëtt der, wou dergéint sinn, a si allen zwee kënne sech op Argumenter vun den elementare Rechter beruffen, sief et dem Recht op Hëllef oder awer och dem Recht op Autonomie vu senger Persoun.

Och an där Mannheimer Etüd, déi ech virdruns jo schonn eng Kéier zitéiert hunn, geet doriwwer Rieds. A sechs vu 15 europäesche Länner ass e Placement involontaire ouni Traitement méiglech. An Éisträich, Däitschland, Irland, Holland an a Schweden muss de Patient opgekläert ginn an enger Behandlung zoustëmmen, mä falls de Patient awer dozou net à même ass, da kann awer behandelt ginn.

Wa mir elo hei mat dësem Gesetz de Prinzip an d'Méiglechkeet vum onfräiwëllegen Traitement festhalen, dann awer ënnert de restriktive Konditiounen, déi an der Recommendation vum Comité des Ministres vum Conseil de l'Europe relative à la protection des droits de l'Homme et de la dignité des personnes atteintes de troubles mentaux stinn. Den Detail, dee fannt Der och am Commentaire des articles erëm.

Hei sief gesot, datt esou en onfräiwëllegen Traitement nëmme méiglech ass, wann den Zoustand vum Patient riskéiert, senger Gesondheet oder anere Persounen eeschthaft ze schueden.

Den Traitement muss ganz spezifesch Symptomer entsprechen a muss de Prinzip vun der Proportionalitéit respektéieren. Och muss virdru mam Patient, mat sengem Représentant légal oder awer enger Vertrauenspersoun geschwat ginn, an natierlech muss den Traitement an d'Konditiounen, an deem en ugewannt gëtt, och am Patientendossier dokumentéiert ginn.

Wichtig ass et hei ze bemerken, datt de Statsrot nieft enger Rei anere Remarques zwou Oppositions formelles formuléiert hat a sengem Avis zu der éischter an initialer Versioun vum Projet de loi. Déi éischt Opposition formelle hänkt mat der Sécurité juridique vum Placement zesummen. Dëse Projet, wéi ech elo grad schonn erkläert hunn, dee gesäit jo vir, datt e Riichter iwwert d'Admissioun an de Placement vun enger Persoun mat mentale Problemer décidéiert. Iwwert d'Entloossung, sief se provisoersch oder definitiv, soll awer den Dokter décidéieren. Domat war de Statsrot net d'accord, well domadder d'Décisioun vum Riichter iwwert de Placement net opgehuewe wär.

D'Regierung an d'Santéskommissioun awer hu sech am Detail mat dësem Problem befaasst, hunn och d'Meenung vun der Justiz gefrot an hu versicht, de Conseil d'État ze iwwerzeegen, datt dës Aart a Weis fir virzegoe richteg an och berechtigt ass.

D'Décisioun, fir e Mënsch anzeweisen, fir em also seng Fräiheet ze huelen, ass esou eng grave, datt se onbedéngt vun engem Riichter soll a muss geholl ginn. Mä wann et ëm d'Entloossung geet, ass den Dokter am beschte placéiert fir ze jugéieren, wéini an ënner wéi enge Konditiounen dat soll geschéien.

De Conseil d'État huet sech och iwwerzeegt gelooss an d'Opposition formelle opgehuewen. E freet allerdéngs, datt de Riichter op d'mannst informéiert wäert ginn.

Bei der zweeter Opposition formelle goug et drëms, datt d'Police, d'Force publique also, bei eng Persoun, déi ënnert d'Disposition vum Gesetz fält, doheem kann eragoen, fir datt se ebe ka placéiert ginn. De Statsrot gesäit domat d'Protektioun vum Domicile net méi garantéiert.

Och dës Opposition formelle huet de Statsrot opgehuewen, nodeems den Zougank vun der Force publique zum Domicile vun der betreffen Persoun agegrenzt ginn ass.

Et sief nach gesot, datt d'Chamberskommissioun den 12. Februar 2009 mat hirem Argumentaire zu den Oppositions formelles och eng Serie vun Amendementer eraginn huet. Den 3. Juli 2009 huet och d'Regierung nach eemol zwee Amendementer eragereecht, an alleguerten dës Ännerunge kruten och den Okay vum Conseil d'État, deen eis ausserdeem awer nach op e Schreiffeeler opmierksam gemaach huet a sengem zweeten Avis complémentaire vum 22. September 2009.

Eis louchen och d'Avisé vun der Commission permanente pour le secteur hospitalier, dem Collège médical, dem Syvicol an der Commission consultative des droits de l'Homme vir. Aus dësen Avisé wëllt ech vläicht zwou Aussoen erausgräifen, déi ganz wichteg sinn an der Diskussioun vun der Problematik.

An engem Avis séparé bedauert de Collège médical, datt verschidde Froen net weider am Detail behandelt ginn. Et ass virun allem d'Fro vun der Opportunitéit, fir eng Persoun hirer Fräiheet ze berauben an an deem Kontext d'Fro: Wat ass en Trouble mental grave? Wéini ass een eng Gefor fir sech selwer oder en aneren oder och den Ordre an d'Sécurité publique?

Grad dës lescht Formulierung, déi an der Endversioun vum Projet méi dacks erëmze-fannen ass, schéngt geféierlech, well ee se kann zéie wéi e Lastik.

Ech mengen, datt et awer grad an dëser Problematik ganz wichteg ass, fir ganz prezis a ganz gewëssenhaft ze sinn, fir all Méiglechkeet vu Mëssbrauch eben ze verhënneren.